

T'VERLEEËNHEETSKAND –

Autor vun dem däitschen Titel
Das Verlegenheitskind. - Franz Streicher.

An t'Lëtzeburgescht iwwerdroen vum HR 27.Oktobre 1976
fir t'Scouten vun Diddeleng

aktualiséiert am Hierscht 2010 an plus ou moins un déi nei lëtzebuerger Schreifwäis ugepasst.

3 Akter –

Lëschtegt Stéck mat 10 Akteuren:

Neckel Dillendapp, Bauer an Duerfeepiciee
Ketti, seng Fra
Franz, sein Jong
Jamper Seemiel, Bauer
Merri, seng Fra
Éivchen hier Duechter
Heenz Knuewelek/ Bréifdréier
Jeanny Meyer
Léini hier Duechter
Jeek, Kniecht beim Jamper Seemiel

I AKT

Op dem Haff fum Neckel Dillendapp. Riets t'Haus mat engem Dësch an enger Bänk, lenks t'Scheier. Am Hannergrond en Zonk mat dem Gaard an der Mëtt. Et ass e Summer Nomëttag.

1.Optrett

(*Neckel, dann Ketti*)

Neckel (50 Joer, e schlauen Kapp, sëtzt beim Dësch, an versicht e puer
Tein op sengem Instrument ze spinnen (Akkordeon)
Hie singt a spillt)

1.

Mein Kett daat knoutert fréi a spéit
Juppheidi, Juppheida
Ass gran zeg, wou et steet a knéit
Juppheidi – heida
et freeet een sech, wei' daat sou kënnt
dass hat dach guer keng Freed mei fénnt
Juppheidi, Juppheida
Juppheidi, Juppheida
Juppheidi, Juppheida
Juppheidi – heida

2.

an t'Liewen wär dach zockerséiss
Juppheidi, Juppheida
mat Paprika a vill Geméis
Juppheidi, - heida
an wann et och munch Pëll nüt géif
daat wär bestëmmt dem Hunn méi léif
Juppheidi, Juppheida
Juppheidiheidiheida
Juppheidi, Juppheida
Juppheidi – heida
„kickerriki“

Ketti: (stong schon bei der leschter Strof an der Dir an huet
nogelauscht. Den Neckel huet neischt an uecht geholl,

- well hien zevill mat sengem Instrument beschäftegt war.
 Sie kënnt eraus)
 Neckel !
- Neckel: (sprengt op an hällt sech ganz riecht) Hei ! (iwerdriwen
 léiw) A waat hätt da gär main Schnukkelchen?
- Ketti: Sin ech fleischt déi Pëll, déi deem alen Hunn t'Liewe
 schwéier mecht?
- Neckel: Wou denks de hin, Ketti!. Du bass dach keng Pëll.
 Du bass eng Gäns -----
- Ketti: (ausser sech) Waat?
- Neckel: ----- eng ganz ausgezeechent Fra bass de. Wees de, déi Pëll daat
 ass e ganz anert Framensch.
- Ketti: Wien dann?
- Neckel: ----- daat ass nüt schwéier ze rôden. Ketti, ech hun un mein
 Frënd Jamper geduecht.
- Ketti: Wanns de awer elo mat deer Pëll seng Frau, t'Merri gemengt
 hues.....
- Neckel: Ma ween da soss, déi aner Fraen hei am Duerf sin allegerten
 Engelen.
- Ketti: Dat gleicht Dir, du wees, dat t'Merri meng bescht Frëndin
 ass, an ech lossen neischt géint hat soen.
- Neckel: Et ass dir héich unzerechnen, dass du esoufir deng Frëndin
 Knëtzele lass mechs, Mee ech bleiwen derbeiet ass eng
 Pëtz-zang, daat ass eng historesch Wourecht.
- Kett: Bei Iech Männer ass all Fra eng Pëtzzang, wann se Iech nüt
 aus der Hand fresst (hëllt e Bréif aus dem Ausschnëtt).
- Neckel: (Ass frou, dat t'Gespréich op eppes aneschtes kënnt
 Waat hues de dann do fir e Bréif an denger Bréifkescht?
 Dat muss en aparte sin, well e warm gehaal muss gin, an nach
 op esouenger Platz, wou keen drukënnt!
- Kett: Loss deng Eefellegkeeten! Dee Bréif ass fum Lisbet aus dem
 Spidol.
- Neckel: Ou, ou, fun eiser Haushälterin? Kuckelei, kuckelei.
 Ech wosst nüt, dat sie schreiwen konnt; wéi geet et dann mat
 der Aaler Tût?
- Ketti: Hei, lies emol.
- Neckel: (liest) Meng léiw Madame Dillendapp! andeem ech Iech
 schreiwen, schreiwen ech Iech, dass ech nüt selwer schreiwen,
 mai eng Bekannt fu mir, well ech guer nüt schreiwen kann.
 Ech sin esougudd wéi erëm gesond, awer bei Iech kommen ech
 nüt méi, well daat Gemurks bei Iech vill ze vill ass, an ech sin och
 schon vill ze aal duerfir.. Ech plënneren elo bei mein Brudder
 Klos, deen sech schon op mein Spuerbuch freeet. Ech soen Iech
 allegueren Moien, an déi Fläsch Hoffmannsdrëpsen, déi enner
 mengen Kappimmel stecht, kënnt Dir als Undenken un mech
 haalen. Et ass souwisou neischt méi dran. Mat voller
 „Hochachtung Ert Lisbet Neelschesbaam „, (stecht de Bréif erëm

do, wou e war) Hei, erëm eran an t'Boite dermadden. Fir t'Lisbet
deet et mer nët leed . Et war sou wisou fir neischt ze gebrauchen. Elo
hun mer alt eng aal Tut manner um Haff.

Kett: Waat kucks de mech dann elo esou?

Neckel: Well ech esou frou sin, dass du nach jonk a stramm bass.

Kett: Mir passt et awer graad nët dat t'Lisbet nët méi erëm kënnt. Ech
muss deen ganzen Dag hanner der Théik stoen. Wien soll da
kachen a brachen? Hei muss eng nei Haushälterin an t'Haus.

Neckel: Dat ass eng sympathesch Idi. A richteg eng NEI muss et gin, an nët
mi esou eng aal Strenz wéi t'Lisbet.

Ketti: O, du wees ganz gudd, firwaat ech èmmer aal Fraen geholl hun.
Wéinst denger, mein léiwen Aalen.

Neckel: Wéinst menger? Dat hât awer nët breichten ze sin. Dat ass awer
guer nët néideg gewi'rscht. Ech kommen och gudd mat Jonken
zerwee, fleicht nach besser esou guer.

Ketti: Dat gleewt de Pätter. Ech wees nëmmen ze gudd, wéi daat
fonktionnéiert. Wéi ech Dech no mengem éischte Mann geholl
hun, hues Du mir héich an helleg versprach, keen anert méi ze
bekucken, an zwee Deeg no der Hou chzeit hun ech dech am
Koustall mam KoustallskummerMeedchen erwëscht.

Neckel: Ech wollt him nëmmen weisen wéi gestrach géif gin.

Ketti: Jo, jo, nëmmen du has t'Kou mat der Môd verwiesselt.

Neckel: Dat kann jidderengem passéieren. Et war joo esou deischter.

Ketti: HAal nëmmen op. Ech trauen dir nët méi fir fënnef Cents.

Neckel: Nee, Ketti, ech hun dach Dech, an do sin ech jo mat all
irdechen Freeden agedeckt bis un mein Enn. Dass du esou
mësstrauesch bass, daat deet mir wéi. Ketti, ech spiren eng richteg
Peng, wells du esou bass. Wann ech op der Gewân muss
schaffen, dann schecks du den Franz hannendrun fir opzepassen.
Ech froen dech, brauch esou e grondzolitten Mann ewéi ech
eng Opsicht?

Ketti: Et géiw Zeit, dass du emol verstänneg géiws gin, mar kriss de
dach schon 50 Joer.

Neckel: Dat ass richteg. Fofzeg Joer. Dat ass e festlechen Dag, deen een
nëmmen eng Kéier erliewt, da kënnt du mech jo emol eng Kéier
ouni den Oppasser eleng goen lassen.

Ketti: Neen, Neen, schlo der daat aus dem Kapp. Dein Gebuerstdag get
heiheem gefeiert. Du wärs bestëmmt zefritten mat mer sin,
well ech hun eng Iwerraschung fir dech prett.

Neckel: Oh, léisst de der iren t'Hoer rout firwen?

Ketti: Èmmer mat deenen dommen Schnoken.

Neckel: Allee, eraus dermadden, daat ech mech schons haut op déi
Iwerraschung fu mar freeë kann.

Ketti: Eigentlech wollt ech haut neischt verroden, fir dass de roueg
schlofen kanns, soen ech der et dann (Paus) mar de
mueren.

2.Optrett

(*Vireg, Jampe Seemiel*)

- Jamper: (55 Jo'er, goureg, spetzboweg an)
Gudde Moien och, all mateneen.
- Ketti: Moien Jamper! (lues zum Neckel) Hei beim Jamper zou kann ech
et n t soen, elo muss de Aalt nach warden bis mar.
- Neckel: A Jamper, waat ass dan neits?
- Jamper: Meng Aal huet mech heihinner kommand ert.
- Ketti: T'Merri! Waat w llt hat dann?
- Jamper: Ech soll Bescheed soen, dat hat herno mat eisem ´Eivchen bei
Iech k nnt. Hat huet eppes mat Dir ofzemachen.
- Ketti: Mat mir? Waat dann?
- Jamper: Daat wees ech n t, daat heesch, ech wees et schon, Mee ech darf
et n t soen. an dann sin ech komm, fir den Neckel drun ze
erreneren, dat haut de Gemengeger t eng S tzung huet.
- Ketti: Dir sidd mer d i richteg Gemenger id. Emmer, wann beim
Mulles en neit F ss Beier opgeschloe get, dann huet dir
Versammlung.
- Neckel: Oemgedr int, Ketti, emmer wann mir Versammlung hun, dann
get e neit F ss B ier opgeschloen. Duerfir k nne mir dach n t.
an du wees dach och, dat de B ier mech keen ee Sous kascht ,
well dem Jamper jo alles fir mech bezillt.
- Jamper: (Erstaunt) Ech ??
- Neckel: Ma ass et dann vleicht n t esou?
- Jamper: (s ier) Natirlech, natirlech. Dat ass eben is Fr ndschaft.
Do mecht een alles, waat ee kann, do ass engem neischt ze vill.
- Ketti: Abee jo, wann t'Merri kennt, da sees de mir Bescheed. Ech
hun nach ze din, (irgert sech iwert den Jamper)
Esou en Eefalt, he bezillt mengem de B ier! (of an t'Haus)

3 Optrett

(*Neckel an Jamper*)

- Jamper: Mengt se mat deem Eefalt mech oder dech?
- Neckel: Dat do ass eng onverschimt Fr . Natirlech mengt hat dech.
- Jamper: Wann is Fraleit w isten, w i mir sie uschmieren, sie
g iwen sech all Hoer einzel ausrappem.
- Neckel: Oder is Hoer. Deng Aal l ist dech bei de Mulles goen, well
sie mengt, ech geng bezuelen – an mein Aalt l ist mech
goen, well hat mengt, du gengs bezuelen. Et get awer

- Jamper: neischt mei dommes wéi esou Fraleit.
- Neckel: Dein Ketti ass jo am Vergleich mat menger Aaler daat
rengsten Scheefchen. A mein Merri huet der Deiwel am
Leiw. Dein Ketti get dir dach wéinstens esou vill Mecken
dass du am Bistro richteg fir mech bezuelen kanns.
- Neckel: (mat ängstlechem Bleck op t'Dir) Haal de Mond. Wann
et daat héiert, da beisst et mir t'Ouer ewech.
- Jamper: (eppes méi lues) A mein Aalt eréicht – oh Merri, mei
Berri, daat setzt op de Sousen, ewéi t'Kluck op den Eer.
All Sonndes kréien ech ee Päckelchen Tuback an daat ass
alles.
- Neckel: Mein Ketti ass daat selwecht Krokodill. Ir hat mir en
Honnerter get, léisst hat sech léiwer eng Dosen Bâkzenn
rappen.
- Jamper: Ma wéi dann? Du hues dach èmmer Geld wéi Hee?
- Neckel: (werft sech an t'Broscht) Jo ech hun och en helle
Käppchen. Mee licht ass et nët,fir menger Kluck t'Menz
aus der Täsch ze lakkelen, daat kanns du mer frei gleewen,
Mechs du et iren esou (mecht mat der Hand wéi wann e
géif stibitzen)
- Neckel: Oh Mamm, daat huet t'Sousen èmmer bei sech, an Nuets leit
et drop.
- Jamper: Ma elo gin ech eréischt richteg firwetzeg. Waat mechs de
dann, dass du èmmer béri Kees bass?
- Neckel: (geheimnisvoll) wanns de mir versprechs, de Schniewel
ze halen, da soen ech dir et lues an t'Ouer:
- Jamper: an ob ech mech verspriechen. Ech sin dach keen Judas.
- Neckel: Ma da pass emol op. Ech kréien fun menger Aaler all
Mount 100 Euro.
- Jamper: 100 Euro! Herrjeeminé, esou vill kréien ech nët emol
am Joer fir mein Zir.
- Neckel: Ma des 100 Euro get hat mir jo nët fir mech, Mee awer fir
mein Meedchen.
- Jamper: Fir ween?
- Neckel: Fir mein Meedchen.
- Jamper: (perplex) zenter wéini hues du dann ee Meedchen? Du hues
dach némmen e Bouf.
- Neckel: Stemmt. E Bouf, an – an en oneehelecht Meedchen.
- Jamper: Kuckelei, an dofunner hues du mir nach ni eppes erzielt.
- Neckel: Ma verstéi dach, wann ech dir daat gesot hätt, dann hätt ech dech
Belunn, an e gudde Frend belidd een nët.
- Jamper: (durchenaner) Ma Wéisou dann? Elo kommen ech nët eraus.
- Neckel: (stéist dem Jamper an t'Seit) Ma ech hun keen oneehelecht
Meedchen.
- Jamper: (irgert sech) Dat geet mir iwer t'Hutschnouer, hues de elo
eent, oder hues du keent?
- Neckel: Ech hun eent, an ech hun och keent.

- Jamper: Ech gin et op, aus dir gëf der Deiwl klug.
- Neckel: Ma ech hun menger Aaler nëmmen gekohlt, ech hätt en oneehelecht Meedchen.
- Jamper: an dann hues de also wirklech keent?
- Neckel: Neen.
- Jamper: Ma firwaat sees de dann, du häss eent.
- Neckel: Zu menger Aaler hun ech daat gesot. Duerfir hun ech der e pur an t'Leiskaul kritt (weißt) an zwee Deeg neischt z'essen kritt – Mee du huet sech de Sturm geluegt, an ech hun profitéiert, fir 100 Euro ze heeschen, fir dass ech déi mengem armen Meedchen kéint schecken.
- Jamper: (klappt sech fun Freed op t'Been) Hahaha...wonnerbar, groussarteg!
- Neckel: Ech hun hat bekohlt, ech hätt dem Meedchen schon als Jongesell émmer 100 Euro gescheckt, an ech wéilt och als bestuedte Mann nüt ophalen, him déi Sousen ze schecken, esou wéi daat sech fir e richtegen Papp passt, deen brav an éierlech soll sin.
- Jamper: Jonge, jonge, dat mir nach neischt esou agefall ass?
- Neckel: Wees de Jamper , mein Aalt huet jo Hoer op der Zong wann et bis richteg am Schwonk ass, Mee alles was richteg ass . Wann et emol op t'Gantz geet, muss hat sech fun der richteger Seit weisen. Mëll wéi Botter ass et gin, wéi ech fir déi 100 Euro ugefangen ze pinschen – an elo kréien ech fir mein Léini all Mount 100 Euro, an fir t'Feierdeeg nach e Schein extra.
- Jamper: Nach 100 Euro? Dein Aalt get mir émmer méi sympatesch.
- Neckel: Jo, et soll een nüt gleewen, waat deen Hausdeiwl fir en Engel ka sin. Wann ech eng Ahnung gehât hätt, dat hat mir esou séier geng op de Leim goen, dann hätt ech flang Zwillinge gehat.
- Jamper: Neckel, gratuléieren dir, daat hues de groussarteg ugestiwelt

4.Optrett

(*Neckel,Jamper,Merri,Éivchen da Ketti*)

- Merri: (mam Éivchen eran) Moien !
- Jamper: (scheinhelleg) Ou, Merri,bass du schon do? Dat ass awer fein, ech hun elo grad zum Neckel gesot „ Ma wou bleiwt dann mein Merri esou lang ?“ Du wees jo, dass mir émmer eppes feehlt, wanns du nüt hei bei mir bass.
- Merri: Haal de Mond, du bass nüt gefrot gin.
- Éivchen: (schein, awer nüt fill am Kapp) Gudde Moien och alleguer.
- Jamper. (zum Neckel) ass eist Éivchen nüt e flott Meedchen?

Neckel: Tipp, top, grad ewei seng Mamm.
Jamper: (houscht)
Merri: Waat hues de dann?
Jamper: Oh, ech hun den Houscht kritt, et reitzt mech an der Strass.
Merri: Ou, ass nach eppes waat dech reitzt? Dat wärt wuel nach daat eenzegts sin (zum Neckel) Wou ass t'Ketti dann? Ass hat nöt doheem?
Neckel: Dach, dach, (rifft an t'Haus) Ketti, t'Merri ass do.
Ketti: (aus dem Haus eraus) Moien Merri.
Merri
an Éivchen: Moien!
Ketti: (weist op den Dësch) Ma setzt Iech dach. Dir wärt dach nöt gleich erëm goen?
Jamper: Oh nen.
(Sie setzen sech all un den Dësch, Merri, Jamper setzen op der Bänk, an well t'Merri bAal t'ganz Bänk opfellt, setzt den Jamper ganz um Wupp, esou daat hien all Ablack eroftrellen kann)
Merri: Huet de Jamper Iech schon gezielt, firwaat ech komm sin?
Ketti: Zu mir huet en neischt gesot.
Neckel: Zu mir och nöt.
Jamper: Ech wollt et soen, Mee hun léiwer neischt gesot, wells du mir verbueden has....
Merri: Mach nöt, ewéi wanns du dir eppes fun mir verbidde gengs lossen, du bass dach den Här am Haus
Jamper: (leet t'Hand un t'Ouer) Waat sin ech?
Merri: (opbruecht) Bass du et fleischt nöt?
Jamper: Dajee Aalt. Wanns du et sees, da muss et wuel esou sin.
Merri: Dat mengen ech awer och, Jo – wësst der – mir sin eigentlech wéinst eisen Éivchen komm.
Éivchen: Wéinst menger? Wéisou dann wéinst menger?
Merri: Mee et handelt sech em daat heien.
Jamper: Jo ëm déi Geschicht, daat heien.
Merri: Roueg, nöt derzwesche gebraddelt.
Jamper: Juer.
Merri: Eist Éivchen kritt Krëschtdag seng 22 Joer, an de Jamper hätt gär wann et sech geng bestueden.
Jamper: Interressant, daat wosst ech jo mol nach guer nöt.
Merri: a wësst dir, mat weem de Jamper hat wëllt verkoppelen?
Jamper: Do sin ech awer gespânt ewéi en ale Präbeli.
Merri: Mat Aerëm Franz (zum Jamper) Hun ech Recht?
Jamper: Natirlech, du hues émmer Rescht(zum Publikum)
Wanns de eppes leie léiss.
Neckel: Ma daat ass eng groussarteg Iddi.
Jamper: Ma ech, ech hun dax groussarteg Idien.
Ketti: Déi Propositioun gefällt mir och ganz gudd. Mee t'Haptsach bleiwt jo nach, wéi t'Kanner driwer denken.
Merri: Eist Éivchen huet guer nöt ze denken. Fir ze denken, sin ech nach

Éivchen: do, an waat ech denken, daat geschidd och.
(kreischt richt eraus)

Neckel: Do gesäis de, et kreischt jo schon vu lauter Gleck.

Merri: Et kënnt nëmmen nach drop un, waat Aere Franz derzou seet.

Neckel: Ech mengen, dee wärt fu lauter Freed op de Quetschebâm
klammen

Merri: Ma do kënnt e jo grad (zum Éivchen) Kuck, ass daat nët e
schéine Jong?

Éivchen: (kreischt) Jo, Mee ech kennen een, deen ass nach vill méi schéin.

Merri: (hëllt mat der Hand aus) Bass du wuel roueg.

5.Optrett

(*Vireg an Franz*)

Franz: (kënnt durch t'Meett, schéinen temperamentvolle Jong)
Aha,t'Famill Seemiel op Besuch bei der Famill Dillendapp!
(Éivchen schluckst) Éivchen,waat ass Dir dann?

Éivchen: Neischt.

Franz: Neischt?

Merri: Guer neischt !

Franz: Esou e schéint Meedchen darf nët kreischen. Duerch Tréinen
blenken t'an nët méi esou.

Merri: (eifreg) Nedu, Franz, eist Éivchen ass dach e schéint Meedchen,
oder nët? (zum Éivchen) Wells de wuel lachen!

Éivchen. (versicht fun ennen erop ze lachen, kreischt awer direkt erëm)

Merri: So Franz, gees de haut den Owend nët op de Baal vun de
Pompjeeën? Mir kommen och dohinner – mam Éivchen.

Franz: (him ass et egal) Jo,ech well mech haut emol richteg amuséieren.

Merri. (reiwt t'Hänn) Um Pompjeesbaal?

Franz: Neen, um Wisefest, zu(an der Noperschaft)

Merri: (enttäuscht) Ou wëlls de t'Éivchen dann nët mathuelen?

Franz: daat geet nët, ech hun nëmmen eng Platz um Motto, an vleicht
schlofen ech bei mengen Frënn. Mà ech brengen dem Éivchen
eng Zockerstang mat, dann huet hat eppes fir ze lutschen.

Neckel. Zu..... ass Wisefest, do kéint ech jo och nawell hifuren.

Ketti: Schlo der daat aus dem Kapp, du muss nët èmmer derbei sin, wann
eng Katz geschleeft get.

Neckel: Ech brengen dir och eppes schéines mat.

Ketti: Béier am Bauch, daat kennen ech. Iwregens hues de haut deng
Gemengerotsversammlung.

Neckel: Do kéint ech mech jo entschellegen.

Ketti: (energesch) Du bleiws doheem. Basta. Hei baussen get et kaal.
Komm,mer drenken dobaussen nach ee Glas.
(hiewt sech op) Dir huet jo nach Zeit, Merri ?

Merri: Wann ech well, hun ech émmer Zeit. (hiewt sech)
Jamper: (zum Neckel) Drenks de Fiiz?
Neckel: Émmer nach besser wéi neischt. (hiewt sech, de Jamper och)
Éivchen: Ech bleiwen awer hei baussen.
Merri: Mach daat. EnnerhAal dech e bessen mam Franz (get him heemelech e Coup an pespert) A siew gentil mat him, well soß, du wees jo du kenns mech jo (hanner dem Ketti dem Jamper an Neckel an t'Haus. Et gett och deischter)

6.Optrett

(*Franz an Éivchen*)

Franz: Waat hues de dann, Éivchen? Firwaat mechs de dann esou ee belämmert Gesicht?
Éivchen: (ënnerdreckt schon erëm Tréinen) Well , well
(geheit sech dem Franz un t'Broscht a fängt erbärmlech un ze kreischen).
Franz: (klappt him berouegend op t'Schëller) Nujee, daat do muss awer eppes schreckleches sin.
Éivchen: (wenkt jo mam Kapp) Jo, eppes schrecklech, Schreckleches.
Franz: (hiewt him de Kapp an t'Lucht) Nu mach emol gemelleg, a so mir och, waat esou schrecklech ass.
Éivchen: Ech soll dech bestueden.
Franz: Mech?
Éivchen: Jo.
Franz: an daat ass esou en Ongleck?
Éivchen: (wenkt mam Kapp) Weess de Franz, du bass ganz gewess e schéine Jong,Mee.. Mee
Franz: Aalt firun, Éivchen, loss all déi Steng fum Härz faalen déi schon um rule sin, du wees, ech huelen dir neischt iwel.
Éivchen: Ma ech hun dach schon en aneren.
Franz: Da schwëmmt jo alles schein am Botter, well ech hun och schon en anert.
Éivchen: Ass et wirklech wouer? Waat e Gleck! Du hells mech jo dann nëtt?
Franz: Fällt mir guer nët an.
Éivchen: Ech wier léiwer an de Milleweier gang, ier ech dech geholl
Mee du verstees jo, e Bréifdréier ass jo vill méi ewéi e Bauer,
oder nët?
Franz: Dat versteet een. E Bréifdréier dréit eng Uniform, an ass domadden eng Respektpersoun.
Éivchen: Am léiwsten hun ech hien, wann hien t'Kâp esou e besschen schief um Ouer huet, dann ass hien fir ze stierwen schéin
(begeeschtert) an dann déi schéin grouss Poche, wann en déi dann och nach emhenken huet, da sin ech ganz ewech. Du.

- so awer neischt virun, da muss hien seng grouss Poche èmmer un hun.
- Franz: Da wärt hien et wuel eng Kéier nüt schwéier hun, fir dech an de Sâck ze stiechen.
- Éivchen: Neen, Neen, daat gehéiert awer nach op en anert Blât. A waat ass deint?
- Franz: Zervéier Meedchen.
- Éivchen: (Mat Respekt) Zervéier Meedchen? Do kanns du awer och stolz sin.
- Franz: Léini heecht et, an et ass zu Marteleng.(litt)
- EEivchen: Zu Marteleng?
- Franz: E feint Meedchen. Mee esou weit wéis du mam Bache Jängi bass, esou wéit sin ech nach nüt. Hat wees nach nüt, dass ech et gär hun.
- Éivchen: Hues du him dann nach neischt gesot?
- Franz: Ech konnt nüt, well mein Papp bei mir war. Hien sollt op mech, an ech op hien oppassen, do konnt ech him Aalt némmen e besschen esou mat de Wimperen klimperen. Mee den nächste Sonndeg fueren ech dohinner, a gleew mer es, da bleiwt et nüt beim Zwinckeren, daat hun ech mir firgeholl. Dat Meedchen ass némmen fir mech gewuess, an ech plecke mir et och.
- Éivchen: Vill Gleck, Franz!
- Franz: Dir och, Éivchen (kuckt Éivchen fun uewen bis ennen) Eigentlech misst een de Bréifdréier èm dech beneiden.
- Éivchen: (genéiert) HAal op, esou schéin wärt ech schon wuel nüt sin.
- Franz: (hëllt Éivchen em t'Taille) Dech, dach – Mee keng angscht, ech sin vill ze vill an t'Léini verknallt, dech bestueden ech bestemmt nüt.
- Éivchen: Hand drop (streckt him t'Hand entgéint)
- Franz: (schléit an) Hand drop.
- Éivchen: (glecklech) Franz, duerfir muss ech dir e Kuss gin. (fällt him em den Hals a kësst hien).

7.Optrett

(Vireg, derbei Merri, Ketti, Neckel an Jamper)

- Merri: (könnt aus dem Haus, a geseit déi zwee sech këssen) Ma also, ass daat dann elo nüt méi séier gang, wéi mir geduecht haten (emärbelt t'Éivchen) Éivchen, ech gratuléieren dir!
- Éivchen: Ma Neen - et ass jo guer nüt wouer- mir hun – et ass-
- Franz: Et geseit sech némmen esou un, wéi wann alles an der Rei wir.
- Jamper: Wisou? Dir huet némmen probéiert, wéi een deem aneren

- Éivchen: schmacht.
 Jamper: (prompt) Jo, daat war némmen e Schmachkichelchen.
- Jamper: A sou – ech hun geduecht, ech kéint iech schon elo méin
 Segen gin.
- Franz: Haalt deen emol nach an. Et ass jo erréicht den Ufank.
- Neckel: Alles waat sech passt. Den Ufank war nach guer nét esou
 iwel wéi ech konstatéiert hun, an e gudden Ufank ass
 hallef gemachten Arbecht.
- Franz: Ech mengen, t' Éivchen ass nach ze jonk.
- Merri: (energesch) Dat ass dach lächerlech, wéi ech esou aal war
 ewéi hat, do war ech schon fénnef Mol verléiwt an drei
 mol verlobt.
- Jamper: (hellt schwéier Otem) an ech hun et kritt.
- Merri: (zum Franz) Deng Mamm wärt dir wuel nach erzielen,
 waat mir ofgemach hun.
- Franz: Schéin – némmen elo hun ech keng Zeit méi fir
 nozelauschteren. Ech muss op op t'Wisefest. (séier
 durch t'Mëtt of)
- Jamper. Neckel, fir äis wärt et wuel och Zeit gin. Mach dech
 färdeg , Dass mir nét ze spéit an t'Gemengerotsetzung
 kommen.
- Merri: Oh, de Gemengerot, dee leeft nét fort.
- Ketti: Dat geng ech och mengen.
- Merri: Jamper, du gees elo e Steck mat eis, mir hun nach Allerhand
 ze beroden.
- Jamper: Dat kanns du mir nach erzielen, wann ech heemkommen.
- Merri: Um véier Auer mueres fréi? Hues du se nach all.
- Jamper: Ma da schreiw mir et op en Ziedel, a lee mir en op t'Kappkëssen.
 (Erwëscht e mam Kolli, an dréint en a Richtung heem)
- Merri: Du gees elo hei mat, hun ech gesot, (zum Ketti an Neckel)
 Dajee, dann gudden Owend. Komm Éivchen.
- Jamper: (beim Ausgang) Ech huelen dech herno of.
- Neckel: Gudd, gudd.
- Éivchen: (iwert dem goen) Muss ech da schon matgoen? Kann ech nét
 nach e wéineg spazéiere goen?
- Merri. Du setz dech elo dohin an en Eck, an denks un dei Franz. (mam
 Jamper, a mam Éivchen, daat ufenkt ze pinschen, duerch t'Mëtt
 of).

8.Optrett

(*Neckel an Ketti*)

- Neckel: E Gleck, dat sie fort sin. Géint de Jamper hun ech jo neischt.
 hien ass e patente Kärel, némmen t'Merri. Oh Merri, mei Berri,
 Wann hiert Éivchen och esou get, dann deet mir de Franz elo
 schons leed.

- Ketti: Do mach dir elo emol keng Suergen. Déi zwéin passen wonnerbar zesummen.
- Neckel: Du hues de Recht. Grad esou schéin wéi mir zwee.
- Ketti: Passen mir da vleicht nüt zesummen ?
- Neckel: Ma secher, wéi e Pärd an e Kanarievull (séier). Ech mengen, daat Pärd, daat esou roueg ass, an esou voller Kraft, daat sin ech natirlech, an de Kanarie, deen de Schniewel èmmer esou voll schéine Gesank huet, daat bass du natirlech. Eng ideaal Ergänzung. (lenkt of) Nëmmen, mir wärten jo nach erliewen, wat aus deem Puer do get. Ma so mol, darf ech elo och nach gewuer gin, wat ech als Geburstdagsgeschenk fir eng Iwerraschung soll gemach kréien?
- Ketti: Neckel, hAal dech fest.
- Neckel: Ma daat fänkt jo schons gudd un.
- Ketti: Et kënnt een.
- Neckel: (kuckt ronderëm sech) Wou dann?
- Ketti: Neen, zu dengem Geburstdag künnt een.
- Neckel: Ou, wien dann?
- Ketti: Rot emol.
- Neckel: Keng Ahnung:
- Ketti: Dein Meedchen.
- Neckel: Wien?
- Ketti: D E I N Meedchen. So emol, ass daat keng Iwerraschung?
- Neckel: Jo, daat do ass esou guer eng rieseg Iwerraschung. Meng Duechter künnt?
- Ketti: Jo, t'Léini. Dein Léini Meyer.
- Neckel: t'Léini, t'Léini Meyer?
- Ketti: Jo, ech wollt, et eemol kenne léieren, an hat soll dir och zu dengem 50 Geburstdag gratuléieren.
- Neckel: Kuck emol do, kuck emol do.
- Ketti: Gesäis de, hun ech nüt e gudd Herz?
- Neckel: Ech wees nüt. Dat muss onbedengt vergullt gin.
- Ketti: Ass daat dann elo eng Iwerraschung, oder ass et keng?
- Neckel: Jo, daat kenn ee wuel soen, daat do ass eng gellech Iwerraschung. déi ee mat kaalem Geblidd als wonnerbar muss bezeechnen Méi eng grouss Fréd häss du mir nüt kënnen machen.
- Ketti: Fir t'éischt wollt ech dir t'gëllen Auer fun mengem Papp schenken, mä dun hun ech mir gesot, den Neckel freet sech méi, wann hien seng Duechter hei am Haus erëmgeseit.
- Neckel: Du hues do den Nol op den Kapp getraff. Mee wann t'Léini awer elo nüt künnt, da gës du mir awer – als Trousch – déi gëllen Auer?
- Ketti: Firwaat soll t'Léini dann nüt kommen ?
- Neckel: Wees de Guckuck, ech hun esou daat bestëmmte Gefill, wéi wann et nüt kommen kéint.
- Ketti: Oh, du mat dengen Gefiller. Ech hun him esou e schéine Bréif geschriewen, dass hat schon gäre genug künnt.

- Neckel: (bass erstaunt) Aah, geschriwen hues du him och . – awer eng antwert wärts du wuel nie kréien.
- Ketti: Hun ech, hun ech.
- Neckel: Waat fireen Hunneg, waat heecht dann elo Hunneg?
- Ketti: Hun ech schon kritt.
- Neckel: Neen, daat ass nüt méiglech.
- Ketti: Mat e wéineg gudde Wëllen ass alles méiglech.
- Neckel: Dat do sin fantaschesch Neiegkeeten. Neen, Ketti, daat do iwerrascht mech tatsächlech. Ech zweiwelen awer nach, ob hat sech heihinner traut.
- Ketti: Et kënnt.
- Neckel: an ech wetten, et kënnt nüt.
- Ketti: Wann ech dir soen, et kënnt, dann ass et esou! Elo emol Schluss dermadden.(geréiert) Neckel, wann ech iech mar niewentaner gesin stoen, dann, dann, ech wees nüt, ob ech mech dann nach hale kann (kreischte an t'Schierteg)
- Neckel: (kreischerech) Et ka schon sin, dat och mir t'Lachen da vergeet (firt sech mem Nuesschnapesch iwer t'an).

9.Optrett

(Vireg, derbei den Jamper)

- Jamper: (duerch t'Mëtt eran) A waat gesin ech dann hei? Firwaat brëllt dir dann hei zu Gesellen?
- Neckel: Ma sir hun elo just eng Zwibelszopp préparéiert.
- Jamper: Donnerwieder, déi muss awer scharf gi sin.
- Neckel: Jo, verdeiwelt scharf.
- Ketti: (lues zum Neckel, a schon erëm roueg) Ech machen him t'Kummer elo zurecht.(séier an t'Haus)
- Jamper: Sot emol, waat war dann hei lass?
- Neckel: Nach neischt, Mee et brückt sech eppes zesummen.
- Jamper: Firwaat ass dein Aalt esou opgedréint?
- Neckel: Well mir Besuch kréien.
- Jamper: Asou, ma wien kënnt dann?
- Neckel: Meng Duechter, t'Léini Meyer.
- Jamper: Du bass geckeg! Wéi kann dann een kommen, deen et iwerhapt nüt get?
- Neckel: Dat hun ech mir och schon gesot. Nëmmen mein Aalt huet dem Léini Meyer e Bréif gescheckt.
- Jamper: Weem?
- Neckel: Menger Duechter.
- Jamper: Ma du hues dach guer keng Dueschter.
- Neckel: Dat ass et jo eben. Ech hun keng Duechter, a mein Aalt huet et färdeg bruecht, fir him awer e Bréif ze schecken.

- Jamper: Ma daat get et dach guer nüt. Vleicht wart sie nach bis Mokuchsdag op Äntwert.
- Neckel: Hun ech och gesot. Mee hat behapt, et wier och schon eng antwert komm. Mein Aalt brengt alles färdeg.
- Jamper: Du hölls mech op den Aermchen?
- Neckel: Herrjeeminé, waat bass du awer e Kaméil. Grad esou, wéi een deen dem Kleesche schreiw, esou kann een och dem Léini Meyer schreiwen.
- Jamper: Ah sou?
- Neckel: Mein Aalt huet op Marteleng geschriewen, hat soll mar heihinner kommen, well ech Geburstdag hun.
- Jamper: an huet dein Aalt dem Kleeschen geschriewen?
- Neckel: (rosen) Dem Léini Meyer, du Hauwekapp.
- Jamper: Natirlech – dem Léini Meyer. Den Kleeschen konns du jo nüt gudd fir deng Duechter ausgin (reiwt sech t'Hänn)
Dat kann ko nach spannend gin, wann daat elo hei ugebëselt kennt.
- Neckel: Ma bass de da ganz vun Trousch, wéi kann et dann hei ugebëselt kommen, wann et et dach guer nüt gëtt?
- Jamper: Maja, do hun ech emol nach guer nüt drun geduecht. Da wärt et him wuel schwéier faalen, wann et et dach guer nüt gëtt. Dein Aalt wärt dir eng gekreckelt hun mat der antwert. Hues de dann nüt awer e wéineg angscht?
- Neckel: angscht, hee, angscht, a firun waat soll ech dann angscht hun?
Dee Bréif kënnt bestëmmt erëm mat: Adresse unbekannt.
- Jamper: Du mengs, hat gif de Bréif guer nüt unhueulen?
- Neckel: Wien?
- Jamper: T'Léini Meyer.
- Neckel: (greift sech an t'Hoer) Mënsch, bass de da méi domm ewéi en Trapp Kéi? De Bréifdréier fun Marteleng scheckt de Bréif zreck, an schreiw drop: Empfänger hier nicht bekannt, well et jo kee Léini Meyer get.
- Jamper: Ganz richteg, well et keen Léini Meyer get.
- Neckel: an mein Ketti kann sech de Bréif un den Hut spengelen.
- Jamper: Elo get et awer Zeit, dat mir an de Gemengerot gin.
- Neckel: Oh jo, et get deck Zeit, soss hun di aner äis dee ganze Béier all ewech gedronk.
- Jamper: En Ableck, Neckel.
- Neckel: (ongedelleg) Waat ass dann elo nach?
- Jamper: Wann elo t'Léini Meyer de Bréif awer dach ugeholl huet?
- Neckel: Dann äntwert et erëm, dass du daat gréisste Reitpärd bass, daat jee op der Erd geridden ass gin. (rennt durch t'Mëtt no lenks fort).
- Jamper: (hannendrun, a reselt de Kapp)

10. Optrett

(*Ketti,dann Heenz*)

- Ketti: (aus dem Haus) Sou,t'Kummer ass prett. Elo nach e puer Blimmercher op sein Dësch.(geet no riets)
- Heenz: (Bréifdréier, sympatesche jonke Mann durch t'Mëtt eran)
Gudden Owend, Madame Dillendapp.
- Ketti: Ah, gudden Owend, Heenz, hues du eppes fir mech?
- Heenz: Neen, daat nüt grad, ech sin jo schon lang aus dem Dengscht.
- Ketti: an du leefs nach èmmer mat där grousser Täsch dorëmmer?
- Heenz: Jo well – der wëst, ech sin esou gewinnt . - déi – ech muss se èmmer bei mir hun; wann ech se nüt bei mir hun, ass et mir wéi wann ech plakeg doruechter geng lâfen. Déi Poche gehéiert zum Bréifdréier, ewéi de Säbel zum Offizéier.
- Ketti: Wëlls du iren mat mengem Mann schwätzen ? Hien ass an T'Gemengerotssëtzung.
- Heenz: Neen, Neen, ech hätt gär mam Franz geschwaat.
- Ketti: Deen ass op t'Wisefest op
- Heenz: Ganz op Dat ass esou guer fir Bréifdréierféiss ze weit.
Da kommen ech alt emol nach eng Kéier laanscht.
- Ketti: Mee nüt ze fréi. Wien wees, wéini déi Rennscheier erëm kënnt.
Soll ech him eppes ausrichten?
- Heenz: (kratzt sech um Kapp) Ausrichten? – Jo, sô zu him, de Bache Jängi wier do gewirscht, an giff him merci soen .
- Ketti: Firwaat?
- Heenz: Well him nüt gefällt, waat mir gefällt.
- Ketti: Wéi war daat elo?
- Heenz: Just esou, wéi ech et elo grad gesot hun.
- Ketti: Ech mengen, du bass ze vill lang an der Sonn leie bliwen.
- Heenz: Neen, Neen, ech wees schon, waat ech soen.
- Ketti: Dann hues de een iwert den Dûscht gedronk.
- Heenz: E Bréifdréier huet am héchste Fall een nüt genug.
- Ketti: (réselt de Kapp) Abee gudd, dann, ech soen dem Framz Bescheid.
(iwrem fortgoen) Dee Villchen, deen deen huet, passt a keen Hingerjuck.

11Optrett

(*Heenz a Léini*)

- Léini: (Tipp top proppert Meedchen, lëschteg an entschloss; et huet e klenge Koffer, an och e Bréif an der Hand)
Gudden Owend.

Heenz: Gudden Owend.
Léini: Ass hei t'Wirtschaft fun der Madame Ketti Dillendapp?,
Heenz: Wirtschaft? t'Madame Ketti Dillendap wunnt zwar hei, Mee
Wirtschaft ass keng hei.
Léini: Ass, daat hei keng Wirtschaft?
Hent: Neen.
Léini: Ma daat ass dach nüt méiglech.
Heenz: Als Bréifdréier muss ech et jo awer bAal wëssen.
Léini: t'Madame Ketti Dillendap huet dach hei eng Wirtschaft.
Heenz: Wann dir et besser wësst, ewéi e Bréifdréier? Ma secher, da
bleiwt op ärer Dommheet setzen. (fir sech) Domm Geess do.
(ass beleidegt a geet)

12.Optrett

(Léini a Ketti)

Ketti: (mat Blummen fun riets, bemierkt t'Léini) an do ass et jo schon.
Léini: Sidd dir t'Madame Dillendapp?
Ketti: Jo, déi sin ech.
Léini: Ech sin t'Léini Meyer. Dir huet mir dese Brief geschriwen, ass et
esou?
Ketti: Jo, daat hun ech. Et freeet mech, dass du komm bass.
Léini: Jo.Nëmmen – ech gin nüt richteg klug hei.
Ketti : (frendlech) Firwaat dann nüt?
Léini: Elo grad war de Bréifdréier hei; huet dir wirklech keng
Wirtschaft?
Ketti: Wirtschft? (lacht) A wéi wire mir zu enger Wirtschaft komm ?
Léini: Abée, joo ech sin dach Zervéierjoffer. Ech hun geduecht, ech ging
hei als Zervéierjoffer ugestallt gin. Dir huet mir dach geschriwen,
dass ech heihinner komme soll. Elo hun ech meng Plätz zu.....
opginn, an hei ass elo keng Wirtschaft.
Ketti: Zu.....? (um Nopeschduerf,wou t'Wisefest soll sin) Ech hun
Mein Bréif dach op Marteleng gescheckt.
Léini: Do hu ech virdrun emol geschafft. Dee Bréif hun se op,
nogescheckt.
Ketti. an elo hues du keng Plätz méi?
Léini: (verdresslech) Natirlech nüt. Nëmmen bei deem Wirt, do wär
ech souwisou nüt bliwen. Hien ass e Wittmann, an e wollt
ëmmer, dass ech hien soll tréischten, do war awer neischt ze
radetten. Éischtens sin ech en anstännegt Meedchen, an zweetens
hien mir och ze aal. Duerfir hun ech an der Zeitung eppes Neies
gesicht, an dun ass Aere Bréif hei komm.
Ketti: an du hues gemengt, ech hätt eng Wirtschaft?
Léini: Natirlech, an elo setzen ech um Drechenen.
Ketti: Ass dir a mengen Bréif mein Numm dann nüt opgefall?
Léini: Opgefall ass hien mir schon, awer waat ass schon derbei?

Ketti: Dillendapp, Ketti Dillendapp.
Léini: Waat ass schon derbei, et get nach vill méi komesch Nimm.
Ketti: Nëmmen Meedchen, denk dach emol scharf no, Dillendapp!
D I L L E E N D A P P! Mierks de nach èmmer neischt?
Léini: Neen, waat soll ech da schon mierken?
Ketti: Dat héien ass t'Haus vum Neckel Dillendapp.
Léini: Dat ass schéin, firwaat och nüt?
Ketti: Ma Meedchen, mein Mann, den Neckel Dillendapp, daat ass dach
dein Papp.
Léini: (sturkt t'Ketti un) Aere Mann ass mein Papp?
Ketti: Hues du daat dann nüt gewosst? Dat ass awwer allerhand.
Deng Mamm huet dir also nie
Léini: Ech hun meng Mamm e puer Mol gefrôt, wien eigentlech mein
Papp wär, Mee sie huet èmmer geäntwert, ech sollt frou sin, dass
ech t'Liewen hun, an meng Nues nüt a Sachen stiechen soll, déi
mech neischt ugenge goen. Do hun ech mir geduecht, vleicht wees
sie et selwer nüt. Esou eppes soll jo virkommen.
Ketti: an sie huet dir och nüt e Pippcheswuert fun him erzielt?
Léini: Dach, erzielt huet sie mir fun him. Sie wär firun 25 Joer zu
(am Nopeschduerf) Zervéier Meedchen gewiirscht an well do dax
een eran komm ass, deen hier gudd gefall huet, jo, an do war
t'Ongleck enges Dags färdeg. an daat Ongleck sin ech.
Ketti : Jo, jo, daat war e schon, den Neckel (nodenklech) dann huet
mein Mann also denger Mamm, an nüt Dir all Mount
déi Sousen gescheckt?
Léini: Waat fir Sousen?
Ketti: All Mount 100 Euro, an fir Krëschtdag, an déi aner Feierdeg
nach 100 Euro extra.
Léini: Menger Mamm?
Ketti: Jo, fir dech.
Léini: Ech, ech hun nie ee Waak kritt. an meng Mamm huet mir och
neischt doriwer erzielt.
Ketti: Dat ass awer Neen, d'accod, dass alles an der Rei soll sin –
Mamm bleiwt Mamm – Nëmmen daat passt sech nüt, dass si
t'Sousen fir sech gehaal huet.
Léini: (einfach) Mein Gott, daat darf der hir nüt viriwelen. Sie huet
sech lang genug fir mech ofgerackert. an wann ech emol neischt
verdingt hun, dann huet sie mech glad mat duerchgeholl, an mech
gefiddert. Sie huet déi Sousen fir mech eweg gin – nëmmen
derfunner schwetzen wollt se secher nüt.
Ketti: Nuja, daat kann jo sin.
Léini: Nëmmen ech sin frou, dass mein Papp sech èm mech gekëmmert
huet.
Ketti: Jo, jo, daat ass och eng fun sengen schéinen Seiten.
Léini: Wou ass hien dann eigentlech. Elo sin ech schon fatzeg firwetzeg
wéi hien dann ausgeseit.
Ketti: Jo, en ass elo grad an der Wirtschaft. Hätt hien gewosst, dass du

- haut schon gengs kommen, da wär hien bestëmmt doheem
 bliewen.
 Léini: Ma dee wärt an machen, wann e mech geseit, oder nët?
 Ketti: Ech mengen esou .. (mustert t'Léini) Esou, e flott Meedchen
 hätt ech deem Heesprenger nët zougemudd.
 Léini: Gleichen ech him vill?
 Ketti: Guer nët. Nëmmen daat ass och dein Gleck. Du wàrts wuel mei
 fun denger Mamm hun?
 Léini: Dat ka sin. Nëmmen ech verstin nach èmmer nët, firwaat dir mir
 eigentlech geschriewen huet?
 Ketti: Well dein Papp mår 50 Joer aal get, an ech him eng ganz
 besonnesch Freed wollt machen.
 Léini: Dann huet dir mech also zu sengem Geburstag komme geloos.
 Dat ass awer schéin fun Iech.
 Ketti: (stolz) Ass et ?
 Léini: Waat wàrt deen an machen?
 Ketti: Jo mat esou enger Duechter kann e sech schon weisen lossen.
 Wees de Léini, eigentlech wollt ech dech nëmmen e puer Deeg,
 heihalen. Nëmmen du gefälls mir esou gudd, a wells de jo elo
 grad keng Platz mai hues, geng et mir grad neischt ausmachen
 wann de ganz gengs heibleiwen.
 Léini: Ech? – nëmmen, waat machen ech da schon hei?
 Ketti: Wann et dir eppes seet, kanns du jo als Haushälterin heibleiwen.
 Léini: (frou) Haushälterin? Dat war schon èmmer mein léiwste Wonsch.
 bei gudde Leit als Haushälterin.
 Ketti: Du kriss e schéine Loun, a brauchs nët èmmer an de Bistroen ze
 zervéieren. Bass du averstanen?
 Léini: Wéi Haushälterin! Dat hätt ech mir nët am Drâm afale geloos, daat
 ech et esou weit packen.:
 Ketti: Komm, ech weisen Dir gleich deng Kummer.
 Léini: Jo, wann der wellt.(iwermiddeg) Haushälterin! Elo kann ech
 endlech och emol kommandéieren.(mam Ketti an Haus)

13.Optrett

(Neckel a Jamper)

Neckel a Jamper kommen verbei a sangen. Sie sin licht am
 Stëps, an hun t'Hitt schief op de Käpp setzen.

- Neckel: (singt) T'Ass Fréijohr an t'Vullen déi sin erëm erwacht....
 Jamper: (hällt him de Mond zou) Wanns de nët gleich roueg bass, erwecht
 t'ganzt Duerf och nach.
 Neckel: Loss mech dach.
 Jamper: Ma Neckel – du bass dach, eh du bass dach, e ma nondifletsch,
 du wunns dach hei.

Neckel: Waat schons doheem? Ass daat awer séier gangen. Oh Mann,
 schon
 esou no beim Donnerwiederuuuhh -- ma dee Wengchen war
 awer guer nöt esou schlecht.
 Jamper: A bélleg.
 Neckel. Dat gleewt de Pätter, wann ech bezuelen.
 Jamper: Nu bloss dech nöt op. Et sin jo nöt deng Sousen.(lacht)
 Et ass t'Kaschtgeld fun engem Meedchen, daat mir versaufen.
 Neckel. Jo, fun mengem Meedchen, daat ass e Prachsteck. Et get wuel nöt
 vill Päpp, déi esou vill Freed un hirem Meedchen hun, wéi ech
 mat mengem.
 Jamper: Dat ka mer wuel soen.
 Allenzween:(lachen)
 Jamper: Héich solls du liewen, an dein Meedchen och derniewen.
 Neckel: Dabo, wann et liewe geng, géiwen mir zwee verdiischteren, da soll
 et eben nöt liewen. Neckel, ech treppelen elo meiglecht richtes
 Wees doriver heem.Elo hun ech dech heembruecht (schwenkt)
 vleicht wärs du esou frendlech, an gengs mech och heem
 begleeden.
 Neckel: Wann et wei'der neischt ass, da brengen ech dech eben och heem.
 Jamper: (krempft sech un den Neckel) Esou ass et richteg, an duerfir
 brengen ech dech och herno erëm erop.
 Neckel: Ausgezechent, an ech brengen dech dann awer och erëm
 dorower.
 Net? Wann nöt,da bleiw emol hei stoen, ech fannen de Wee schons
 selwer.
 Neckel. (léist e lass) Gudd,da probéier emol selwer.
 Jamper: Selbsverständlech, Jamper, daat ass eng Éieresach. an du muss
 awer och un mech denken, wann de Blëtz, mech iren treffen
 sollt, wann t'Dir opgespart hun.
 Jamper: Juer, juer – wärt ech machen. Mein ganzegt Liewen lang.
 Neckel: (sie ermärbelen sech, dobei verléiert den Jamper den Hut, et
 mirkt keen et) Schlof gudd, Jamper.
 Jamper: Du och, Neckelchen.(turkelt durcht t'Mëtt of)
 Neckel: (schwenkt, lues firun sech sangen op t'Dir zou)

14.Optrett

(*Neckel, Ketti*)

Ketti: (aus dem Haus) Aha, wéi gudd, dass du schon do bass.
 Mee, wéi gesäis du dann eraus? Du hues der jo schon erëm eng
 pechen.
 Neckel. Awer némmen eng ganz binzeg. Ausser Dir geseit jo dach keen et.
 Ketti: Wees du, ween hei ass?
 Neckel: Ween?

Ketti: t'Léini.
 Neckel: Waat fir een Léini?
 Ketti: Ma t'Léini.
 Neckel: Ech kennen keen Léini.
 Ketti: Ma dach, t'Léini Meyer.
 Neckel: Meyer, Meyer, Meyer?
 Ketti: Herrgott, deng Duechter.
 Neckel: (greift sech un de Kapp, dobei fällt sein Hut och op de
 Buedem, an hie stürt Ketti un) Et schengt mir, du hues dir och eng
 geknötzelt.
 (dreckt t'Ketti firun sech hir an t'Haus)
 Géi an, a baff emol e saure Beckleck.
 Ketti: Et ass wirklech e léiwt Meedchen.
 Neckel: Ween?
 Ketti: Ma dein Léini.
 Neckel: (réselt de Kapp) Du muss jo den Schnikkes aus dem
 Kaffisbitz gesoff hun.
 Ketti: Nëmmen hat ka mech och ganz gudd gebrauchen, mir verstin
 äis elo schons ganz gudd.
 Neckel: Ween, mat weem?
 Ketti: Ech mat dem Léini. Hat bleiwt hei als Haushälterin.
 Du bass dach secher domadden averstanen?
 Neckel: (réselt de Kapp) So emol, wéi wär et, wanns du dir emol géifs
 T'Féiwer mossen.
 Ketti: HAal elo emol op mat dengen Spîchten. Du muss dech jo virun
 denger Duechter schummen. HAal dech richt, ech ruffen et elo
 eraus.
 Neckel: Ween?
 Ketti: Em Gottesbiddeswëllen, ma t'Léini.
 Neckel: (ganz durchernen) Wéi, wisou?
 Ketti: (get rosen) Elo get et mer awer ze bond. Du bass guer nüt esou
 voll, wéis du dech mechs. Du verstees ganz richteg, wann ech
 soen, deng Duechter ass hei, an ech ruffen et elo eraus.
 Neckel: (amuséiert an iwerleeën) A lass dann. Ruff du emol "meng
 Duechter", - Da kanns de awer nach lang ruffen.
 Ketti: (an der Hausdîr) Léini!

15 Optrett

(Vireg, der bei Léini)

Léini: (könnt aus dem Haus) Jo?
 Neckel: (geet e puer Schreck zreck) Da ---- daat ass t'Léini?
 Ketti: Jo (zum Léini) an deen doen ass dei Papp.
 Neckel: (Ass perplex, an kann neischt eraus brengen)
 Léini: (ermärbelt den Neckel) Papp!

Neckel: Ma daat ass dach dem Wirt fun (Nopeschduerf)
 seng Serveuse.
 Léini: an deng Duechter.
 Neckel: (ganz durcherNeen) Ma wéi dann,wouhir dann?
 Ketti: Du bass awer schwéier fun Begreff! Wann hat Léini Meyer
 heescht, an op mein Bréif hin heihinner komm ass, da muss
 et et jo wuel sin.
 Neckel: Neen esou eppes, Neen,esou eppes!
 Ketti: Ma wells de denger Duechter dann keng Bees gin?
 Neckel: (séier) Ma secher (erwëscht t'Léini) a kësst et stirmesch) O,
 déi Freed, déi Freed! Jo, Léini, wou hues de dech dann déi ganz
 Joeren erëmgedriwen? Hues de och keen Honger gelidden? Loss
 dech emol fillen, t'Schanken sin jo nawel gudd kapitonéiert.
 Léini: Ass et iech zwéin dann och recht,wann ech iech hei de Stôt
 machen, Papp?
 Neckel: Waat hues du eng Ahnung, wéi Recht et mir ass, Jonge, jonge,
 waat eng Iwerraschung, waat eng Freed (kësst t'Léini erëm)
 Ketti: Elo geet et awer duer.
 Neckel: Fir dest Geburstdagsgeschenck muss ech mech erkenntlech weisen
 Als Zeechen fun menger Dankberkeet bleiwen ech elo vill méi oft
 heiheem.
 Ketti: Dann hun ech et jo richtech geroden.
 Neckel: Getraff, flang an t'Mëtt getraff. Dofir muss ech
 (geet mat ausgestreckten Hänn op t'Ketti zou, beit um halwe Wee
 of awer zum Léini zou) dem Léini nach eng Bees gin, (get
 him ee ganz lange Kuss).
 Ketti: Nujee, nujee.
 Léini: Utsch!
 Ketti: Waat ass?
 Léini: Gebass huet hien mech.
 Neckel: Fun elauter Freed.
 Ketti: Komm Léini, mir préparéieren elo emol e schéint Nuetiessen
 (of an t'Haus)
 Léini: Mmmmmhh. Pappiisi: (werft him e Kuss zou, an dann of an
 T'Haus)
 Neckel: (sturkt no) Neen esou eppes,ass daat nach dran!

16.Optrett

(Neckel,Jamper,dann t'Léini)

Jamper: (kennt durch t'Mëtt eran) Neckel, mein Hut ass futsch, an ouni
 trauen ech mech nüt an t'Haus. Heielei, do ass e jo. (hiewt dem
 Neckel sein Hut op, deen him ze kleng ass, an setzt en op)
 Neckel: So, Jamper, mein Aalt huet eng Haushälterin an t'Haus geholl
 Jamper: Ou, ou, daat wärt wuel erëm esou eng sin, aus der Zeit fum Jang

De Blannen?

- Neckel: Am Géigendeel. Eng zockerséiss Schnësselchen, an wees de, wien et ass? Déi flott Serveuse fun.....
- Jamper: an daat huet dein Aalt ugeholl?
- Neckel: Jo, esou als Geburstdagsgeschenck fir mech.
- Jamper: Ma wéi ass dann némmen esou eppes méiglech?
- Neckel: Ma well et Léini Meyer heesch, an mein Aalt mengt, et wier mein Meedchen. Geséis de, waat ech eng Chance hun.
- Jamper: Jo, Mee elo sin déi 100 Euro fun all Mount futsch.
- Neckel. Dat ass hat mir wert. Ech gin jo och elo nüt méi esou vill eraus.
- Léini: (an der Hausdir) Papp, t'Iessen steet op dem Dësch.
(geet op t'Léini duer, an hëllt et èm t'Taille)
- Neckel: Jo, du Schnuckelchen, hei sin ech schon (geet mat him an t'Haus).
- Jamper: Esou e Pesch. Elo muss ech méi Gesëffs rem selwer bezuelen.

R I D E A U

II AKT

Déi selwecht Deekoratioun, ewéi virdrun : Mures fréi

1.Optrett

(*Neckel,Ketti;Léini*)

(setzen beim Kaffisdësch)

- Léini: So emol Papp, huet et dir geschmacht?
Neckel: Groussarteg ,esou e gudde Kaffi hun ech schons lang nüt méi gedronk.
Léini: (stolz) Deen hun ech jo och gekacht.
Neckel: (hëllt hat em t'Taille) Komm mei Kand, duerfir kriss de als Belounung och eng Bees (kësst et)
Léini: an de Kuch?
Neckel: Hues du deen iren och gebâk?
Léini: Kloer daat.
Neckel: Groussarteg. Och daat muss belount gin. (kësst et erëm)
Ketti: (weist o t'Zigarren) Gesäis de, an t'Zigarren, déi ech extra fir dech kâft hun, sin déi dann neischt?
Neckel: (richt un enger) Secher, si richen emol gudd.
Ketti: Och déi sin eraus gesicht gin.
Neckel: (zum Léini) Léini, gef hir eng Bees duerfir.
Léini: (kësst t'Ketti op de Bâk)
Ketti: (zum Léini) Voila, wéi gefällt et dir dan hei bei eis?
Léini: Gudd ,et mierkt een direkt, dass hei eng richteg Meeschteg am Haus ass. Alles ass esou blitzblank geschrubbt. Mee so emol Papp, hu mir äis nüt schon emol anzwouch gesin?
Neckel: (onbequem, him bleiwt de Maufel am Mond stiechen)
Mir? Net dass ech mech kënnt erënneren.
Léini: Ma dach, natirlech, elo wees ech et erëm. Ech hun schon lang doriwer nogeduecht. Et war beim Wirt zu.....(Nopeschduerf)
Ketti: Dat ka méiglech sin, do war hien schon emol.
Léini: an do huet e mech och esou lang ugekuckt, dass e baal vergiess huet, ze drenken.
Neckel: (séier) Awer nämmen,wells de denger Mamm esou onwiddershaleg gleichs.
Léini: (schmuntzt) Ech gleichen hier awer glad a guer nüt.
Neckel: (verleeen) Ech mengen- nüt am Gesicht – ech mengen esou déi allgemeng Architektur ---- (weist op seng Broscht an seng Heften) – nujo, an esou weider.
Léini: So mol, wien war dann deen méi jonke Borscht, deen deemols bei der war?
Ketti: Ah jo, vun deem wees de jo nach guer neischt, daat war eise Jong,

de Franz!
 Léini: (erschreckt) Waar daat Äre Jong (versicht, seng Enttäuschung ze verstopen) Aaahh sou – an ech hat geduecht, hien wär e Bekannten aus dengem Duerf.
 Ketti: Gefällt en der nöt?
 Léini: Oh dach – nämmen – elo ass et jo awer mein Stéifbrudder, ne?
 Ketti: Jo, vun dem Papp senger Seit.
 Neckel: Jo, ganz vun där Seit.
 Ketti: Wou mir elo grad beim Franz sin, do wellt ech nöt hun, dass him zu Oueren keim, dass sein Papp en oneehelecht Meedchen huet. Dat geet de Bouw neischt un, soss huet hien nöt méi dee richtegen Respekt virun him.
 Neckel: Oder nach méi ewéi virdrun.
 Ketti: Neen, Neen, et ass chon besser, hien wees neischt. Et brauch iwerhapt jo keen eppes dervun ze wessen. Mir halen allen drei de Mond, nedu Léini?
 Léini: Mir ass et recht.
 Ketti: an dir ?
 Neckel: Och, schwetze mer nöt méi dervun.
 Ketti: Mach, dass de dech nöt awer elo verplappers.
 Neckel: A wou denks de hin, ech sin gewinnt, den Schniewel ze haalen.
 Ketti: Komm, Léini, ech weisen Dir elo mol de Keller an t'Spënnchen.
 Neckel: De Keller, deen kënnt ech him jo alt schon weisen.
 Ketti: Bleiw du emol schéin hei. an enger halwer Stonn sin mir eräm.
 Neckel: Eng hallef Stonn soll ech ouni mein Kand sin? Da muss ech mech awer nach verabschieden, well esou lang halen ech et nöt aus.
 Aeddi. Mach t'Sach gudd.(kësst et) Bleiw gesond! (kësst et nach eng Keier) A komm geschwenn eräm un dengem Papp sein keusche Busen (kësst et eräm).
 Ketti: Dee Mënsch schnaapt mir nach iwer vun elauter Freed.
 (mam Léini an t'Haus)

2.Optrett

(Neckel,dann Jamper)

Neckel: (reiwt sech zefritten t'Hänn) Jonge, Jong, daat do léist de Papp sech gären gefalen. Wann daat emol krank gëtt, da muss ech et pflegen, dat et niwelt a kracht.
 Jamper: (kennt mem Neckel sengem Hut) Moien Neckel.
 Neckel: Moien, Jamper, an wou kenns du dann schon esou fréi hir?
 Wéi war dann den Empfank gëschter Owend? Wivill Biesemstiller huet se dann haut op der duerchgeschloen?
 Jamper: Net een eenzegen. Net een Toun ass gefall. Ech hat jo dein Hut op Wéi ech heem komm, an wéi mein Aalt daat gesin huet,huet et

gemengt, ech hätt an der ZwëscHeenzeit e Wasserkapp kritt,
 an daat war him an t'Glidder gefuer. Hat war esou verschotert
 an erschreckt, et ganz t'Kregéilen vergiess huet (get him den
 Hut) Do hues de deng Dunn. Hun ech iren mein hei och verluer?
 Neckel: Juer, deen hun ech fonnt (hëllt deen zerknautschten Hut aus der
 Täsch) Hei hues de hien.
 Jamper: Oh nonzeg am Schâf, dee geseit jo schéin aus. Mein bäschten
 Hut. Wa mein Aalt deen elo geseit, da kréien ech wahrscheinlech
 all daat verpasstent nogeliwert fun gëschter Owend (setzt den Hut
 op) Waat mecht dann deng nei Haushälterin? Ass se nach èmmer
 do?
 Neckel: A firwaat soll se dann elo op eemol nüt méi do sin?
 Jamper: an deng Frâ gleewt wirklech, dass t'Haushälterin deng Duechter
 ass?
 Neckel: Ma secher, an dovun ass et nüt erofzebrengen.
 Jamper: Wonnerbar.
 Neckel: Nach méi wonnderbar ass et, dat t'Serveuse et och gleewt.
 Jamper: Dat och. Ma wisou dann?
 Neckel: Ma well hat wirklech en oneehelegt Kand ass, an bis haut nach
 nüt de Numm vun semgem Papp gewuer gin ass.
 Jamper: Neckel, waat hues du eng Sauchance. Dir kalwen t'Ochsen jo um
 Speicher. Wéi lîcht hätt daat können an t'Aen goen?
 Neckel: A fir dass de Bescheed wees. Fir dech a fir déi aner ass t'Léini
 selbsverständlech nämmen äis Haushälterin. Mein Aalt wëllt
 dass keen eppes gewuer get, dass t'Léini e Produkt fun mengen
 illeegalen Tätegeeten ass.
 Jamper: Ah, ma kloer déi.

3.Optrett

(Vireg,dann t'Léini)

Léini (mat gestoppter Peif aus dem Haus) hei Papp, deng Peif; no dem
 Kaffi schmacht déi duebel gudd, soen se.
 Neckel: Du denks awer och un alles(hëllt t'Peif, an zitt t'Léini un sech)
 Komm, ech muss dech duerfir belounen (kësst et).
 Léini: Gestoppt hun ech se och schon.
 Neckel: Och schon gestoppt? Komm, daat muss och belount gin (kësst
 hat, hëllt Fixfeier aus der Täsch, a reecht him et) Esou, elo gef
 mer och nach Feier.
 Léini: Gären Papp (fänkt him t'Peif un).
 Neckel: Waats du nüt alles kanns? Komm, ech mus dech nach eng Kéier
 belounen.(kësst hat)
 Léini: (geseit den Jamper elo erréicht) Oh, do ass jo een.
 Neckel: Virun deem brauchs de nüt ze erschrecken.

Jamper: (scharwenzelt erbei) Ganz gewess nüt. Ech sin de Jamper Seemiel.
Neckel: Mein bäschte Frend.
Jamper: Jo.
Léini: Ou, freeet, mech, Dir bleiwt jo nach hei. Ech hun elo am Haus ze
din.(séier an t'Haus)

4.Optrett

(*Neckel, Jamper*)

Neckel: (bléist sech op) Hein, waat sees de dann elo?
Jamper: Hmm, daat kéint och mol meng Peif stoppen.
Neckel: Neen, Neen, dorauser get neischt, mei Léiwen.
Dat Meedchen konsoMeyeren ech eleng.
Jamper: an du sees, du wirs mein Frend
Neckel: Jamper, waat mengs de, wann t'Léini emol eraus kritt dass
ech sei Papp emol guer nüt sin, op et sech dann och nach
esou oflecken léisst?
Jamper: Ganz bestëmmt, awer nüt fun dir.

5.Optrett

(*Vireg,dan de Franz*)

Franz: (duercht t'Mëtt eran, e geseit ganz midd eraus)
Gudde Moien.
Jamper: Ah, do ass e jo schon erëm. A wéi war et dann op dem
Wisefest?
Fanz: Ganz lëschteg. Et gouf eng fatzeg Kläpperei
Neckel: Ma dann hues de jo eppes fir deng Sousen gehaat. Hues
de mir da neischt matbruecht?
Franz: Firwaat?
Neckel: En Undenken an daat Fest. E Béierkrou oder esou eppes.
Franz: Neen dorunner hun ech nüt geduecht.
Jamper: Mee dei Papp huet awer eng Iwerraschung fir dech.
Franz: Fir mech?
Jamper: Jo, fir dech. t'Aan wärten dir opgoen, wéi Ginzescheeken,
wanns de wéi e Fräsch an de Storchenschniewel kucks. Ech
muss heem, soss ass mein Aalt geschwenn hei (zur Mëtt of)
(messtraueg zum Neckel) Waat braddelt deen zesummen?
Neckel: T'Mamm huet eng nei Haushälterin an t'Haus geholl.
Franz: Ass daat Alles? Dat ass awer keng Iwerraschung.
Neckel: Dat soen ech och. Wann eng Haushälterin geet, muss eng âner
kommen. De Jamper ass e Schôfskapp.

Franz: Dat wärt wuel erëm esou e Markollef sin.
 Neckel: Ellen ewéi t'Nuecht.(verschmitzt) Balukkeg an dâf, ouni Zänn
 e giedelege Bockel, an 46 an de Schong.
 Franz: HAal nëmmen op, ech sin guer nët esou firwetzeg.
 Neckel: Soll ech se eraus ruffen?
 Franz: Nëmmen nët, ech wärt se nach reichlech genéissen.
 Neckel: Et ass awer fleicht besser, du gesäis daat Bild emol, fir dass de
 dech lues un sein Ubleck gewinns.(rufft) Léini.
 Franz: Léini? Heecht et Léini?
 Neckel: Jo, déi grujelechst Fraleit hun munchmol dee schéinste Nimm.
 (rifft an t'Haus) Léini ,komm emol eraus, de Franz ass do.

6.Optrett

(*Vireg,Léini*)

Léini: (kënnt aus dem Haus)
 Franz: (prallt zreck) Mee, daat ass jo.....
 Léini: Gudden Moien.
 Franz: Dat ass jo t'Léini fum Wirt zu
 Neckel: an elo äis nei Haushälterin.
 Franz: A waat ass dann an äis Mamm gefuer?
 Neckel: Ech hun mech och gewonnert, nëmmen ech muss schon
 soen et war dee bäschten Afall,deen sie zenter langer Zeit
 hat.
 Franz: Hätt ech daat gewosst, wär ech schon fill méi fréi heem komm
 (reselt dem Léini kräfteg t'Hand) Dat freeet mach awer.
 Léini: Nuja, mech och.
 Ketti: (streckt de Kapp zur Fenster eraus) Neckel, allez hopp. Mecke
 fänken. Maacht firun. Et ass Gebursdaag.
 Neckel: Mecke fänken, op mengem Geburstag (iwrem goen) Wann
 wéinstens eng op hirem Allergemittlechsten géing sëtzen,
 dann hätt daat Fänken dach Sënn an Zweck.(of)

7.Optrett

(*Léini,Franz*)

Franz: (stûrt t'Léini un) T'Léini fumWirt. Dat wëllt mir einfach
 nët an de Kapp eran (geet op hat duer, an pâkt hat un) Bass t'et
 wirklech,oder sin ech besoff?
 Léini: Ech sin et wirklech, och ounimat upaken,
 Franz: Ech hat èmmer dë Wonsch gehaat, dech erëm ze gesin – elo
 bass de op eisem Haff. Neen, ech sin einfach paff.
 Léini: (klenglaut)

Léini Jo, elo sin ech do.
 Franz: Déi ganz Zeit hun ech un dech geduecht:
 Léini: an ech un dech.
 Franz: (méi no) Secher?
 Léini Jo, wells du mir 20 Euro nüt genug gin has. Ech hun erréicht
 gerechent wéiss du fort wars.
 Franz: Bezuelt hat mein Papp, an déi 20 Euro muss de him natirlech erëm
 bezuelen. Daat soen ech him herno.
 Léini: Neen, soo neischt, ech sin jo elo keng Serveuse méi.
 Franz: an du hues nämnen wéinst deenen 20 Euro u mech geduecht?
 Nämnen dowéinst.
 Léini: (zeckt) Net nämnen dowéinst.....
 Franz: (wëllt hat paaken) Firwaat dann nach?
 Léini: (zitt sech) Nee Franz, daat darfs de nüt.
 Franz: Gefalen ech dir éieren nüt?
 Léini: Dat nüt, nee....
 Franz: (erëm op hat dur) Ma gesäis de, an du gefälls mir...
 Léini: (hannert dem Dësch) Neen, Franz, daat därf nüt sin.
 Franz: Firwaat dann nüt, krenenzengamschaff?
 Léini: Dat kann ech dir nüt soen.
 Franz: (kennt erëm zou sech) Asou, du hues een aneren. (geet erëm
 op hat dur) Awer esou fill soen ech der. Deen aneren muss
 eraus aus dengem Härz.
 Léini: Ech wees nüt op deen sech esou lîcht op t'Stross setze léisst.
 Franz: Waat gëllt t'Wetteng? Béi deem nächsten Wisefest danze mir
 zesummen.
 Léini: Dat ass méiglech. Mee duerfir muss ech nach lang nüt deng
 Flaam sin.
 Franz. Et ass nach nüt all Dag Owend, mein léiwt (leeft riets fun
 der Bühn)
 Léini: (kuckt him traureg no) Mei léiwe Franz! Da muss t'Sonn
 nach oft enner goen, ier deng Schwester deng Freiesch darf
 gin.

8.Optrett

(Neckel,Léini, dann Franz)

Neckel: (kennt aus dem Haus) Acht Mecken hun ech geroden, mat
 der Meckebsch, an de Petrolls Kenki ass och bei der Deiwl.
 Dat geet duer fir mein Geburstag. (geseit t'Léini)
 Aha, t'Léini, daat muss belount gin. (kësst hat, ouni dass hat
 sech wirt.)
 Léini: Firwaat sin ech dann elo eigentlech belount gin?
 Neckel. Ma, wells de hei bei mir bass.
 Léini: Dat verstin ech awer nüt.Waat gët et dann do ze belounen?

- Neckel: Ma, just wells de do bass, daat ass schon belounenswert.
 So mol Léini, wéi gefaalen ech dir eigentlech? Ech mengen
 nüt als Papp. Mee esou als Mann?
- Léini: Gudd -----
- Neckel: (hopst vu Freed) Ou? Wann ech nach fresch raséiert sin,
 da sin ech nach vill méi schéin.
- Léini: (schmunst) Ass et wouer?
- Neckel: A wann ech erréicht meng nei Box unhun, da gesin ech aus
 wéi ee jonke Borscht, esou vun der Seit.
- Léini; Du gefälls mir firun allem, wells du esou lëschteg bass.
- Neckel: Jo, daat sin ech iwerhapt, zenter dass du hei bass.
- Léini: Ech mengen, ech kéint dech och brauchen, wanns de nüt
 mei Papp wiers.
- Neckel: (ausser sech vun Freed) Neen, esou eppes – daat muss ech alt
 erëm belounen (pâkt hat, an kësst et)
- Franz. (kent doriwer eran. Well den Neckel him de Reck dréint,
 erkennt hien en nüt direkt. De Franz bleiwt wéi ugewurzelt:
 stoen) Ooooh, daat ass jo schon deen aneren! Da wart elo!
 T'këssen wärt Dir elo gleich vergoen! (paakt den Neckel mam
 Kolli, an rëselt en).
- Neckel: ma Ketti – (dréint sech erëm) Oh, waat hues du mech elo
 erféiert. Ah, du bass et Franz.
- Franz: (erfáiert an irgert sech direkt) Also, mei Papp ass dei Freier.
 Ma do hues de der eppes Glaates gefëscht.
- Léini: (erschreckt) Ma Neen, waat fällt dir dann an?
- Franz: (rosen) léi nüt, wou ech hei mat mengen eegenen Aan gesin hun
 wéi Dir iesch zerknutsch hut.
- Léini: Ma Franz, daat daat.....
- Neckel: Dat war némmen Héiferlechkeet.
- Franz: Schumme solls de dech. Sech einfach fun esou engem aalen
 Kuerf oflecken ze lossen.
- Neckel: Wien ass hei ën alen Kuerf? Hä? Mat dir huelen ech et nach
 all Dag op.
- Franz: Ma ech wëll emol gleich der Mamm Bescheid soen. Ech sin
 awer firwetzeg, obs de et och nach mat hier ophëlls.
 (rifft an t'Haus) Mamm, komm dach emol eraus firun t'Dir.
 De Papp huet eng gestïcht.
- Neckel: (zu Doud erschreckt) Mei Gott, bass du verreckt?

9.Optrett

(*ViregKetti*)

- Ketti: (kënnt aus dem Haus) Waat blärs de dann esou?
- Franz: Ma du, hues der jo hei eng artleg Haushälterin zougeluegt.

- Ketti: Wéi dann?
- Franz: T'Léini muss direkt aus dem Haus.
- Ketti: T'Léini? Firwaat dann?
- Franz: Ma de Papp huet et elo grad ofgeknutscht.
- Ketti: Ma loss dengem Papp dach déi Freed.
- Franz: (traut sengen Oueren nüt) Waat?
- Ketti: Ech mengen, do kann hat dach nüt derfir, wann hien et ofknutcht.
- Franz: Ma hat huet awer erémgekésst. an hat huet hien un sech gedreckt, ewéi eng Aafemudder hiert Jonkt.
- Neckel. Ech hänken dir elo gleich den Aaf un.
- Ketti: Mei Gott, hat freeet sech eben, well hat eng gudd Platz huet.
- Franz: Ma Mamm, hues de da keng Aan am Kapp, bass de da ganz blann gin? Eng Kou hëllt jo anuecht, dat t'Léini eppes mam Papp huet.
- Ketti. (lacht elo rîcht eraus) Déi ass gudd. Esou hun ech schon lang nüt méi gelacht.
- Franz: Mir liicht nüt an, waat et do ze lachen gett.
- Ketti: Neckel, do notzt alles neischt, mir mussen daat Kand opklären.
- Neckel: (kratzt sech um Kapp) Dajee alt, wanss de mengs.
- Ketti: Franz t'Léini ass nüt nëmmen äis Haushälterin, hat ass och nach niewebei dengem Papp sein Meedchen.
- Franz: W a a t ?
- Ketti: Et ass en oneehelegt Kand.
- Franz: T'Léini?
- Léini: Jo Franz, ech sind deng Stéifsechter.
- Neckel: Hën, waat sees de dann elo?
- Franz: Dat ass jo allerhand.
- Ketti: Mir wollten dir neischt soen, nëmmen elo wees de, wous de mam Léini drubass.
- Franz: Jo.
- Ketti: an engem Papp kann een nüt verbidden, dass hien sein Meedchen emol eng Kéier kësst.
- Neckel: Dat well ech mengen. Komm emol hier Léini. (kësst hat, leet sein Kapp op seng Broscht, an stréilt seng Hoer; hien ass stolz drop)
- Franz: (huet sech lues gefässt) Hm, da siew mer alt nüt bei's Papp!
- Neckel: (grousszügeg) Ech verzeihen dir nëmmen daat mat deem alen Kuerf, daat kucken mir nach eng Kéier :
- Franz: (zum Léini) an dir, dir hun ech och Onrecht gedoen.
- Léini: Ma Franz, du wosst jo guer nüt, dass ech deng Stéifschwester sin.
- Franz: (reselt de Kapp) Esou eppes, ass daat eppes. Fun där Iwerraschung hun ech mech nach esou baal nüt erholl.
- Neckel: Ech mech och nüt. Am bäschten, ech poutzen emol een, daat bringt mech erém an t'Gleichgewiischt.
- Ketti: (scharf) Schon erém an t'Wirtschaft?

Neckel: Ketti, haut ass mein 50 Geburstag, da kanns du mir bestëmmt eng Stonn t'Freiheitsson blenke lossen?

Ketti: Abee gudd, géi mengentweegen: è Gleck awer, dass de nämmen eng Kéier 50 Joer an dengem Liewen feiers.

Neckel: Dofir bass du jo awer och fir t'siewent Kéier 38 Joer aal gin.
Aeddi. (zur Mëtt of)

Ketti: Esou eng Frechheet. (geet op t'Haus dur) Oh wart mar ass de Geburstag eriwer, da schwetzen mir erëm gudd letzeburgesch mateneen, mein Léiwen (of an t'Haus)

10.Optrett

(*Léini,Franz*)

Léini an Franz loessen t'Käpp henken, a stinn verdresslech do.

Léini: Gesäis de Franz, elo wees du firwaat ech dech éineschter ofgewisen hun. Du kanns mir et frei gleewen, ech sin weess Gott och nët glecklech, deng Schwester ze sin.

Franz: Ech och nët. an schon ganz a glad guer nët.

Léini: Wéi domm daat awer ass.

Franz: Jo fatzeg domm.(no enger Paus) nämnen, e Kuss kéins du mir awer gin, och wanns du schon meng Schwester bass.

Léini: Dat hun ech mer och schon geduecht. Ech ging zefill gären wessen,wéi Bridder a Sëschter sech këssen.

Franz: Komm, loss mir emol probéieren.

Franz: Firwaat nët? (sie këssen sech kurz a sachlech)

Franz: Hm, nët schlecht. Et huet een nämnen esou ee Familjenngeschmach derbei.

Léini: Jo, daat ass et, waat engem alles verdîrwt.T'Ass nämnen ze domm daat alles.

Franz: Saudomm. Alles verzeihen ech mengem Papp, nämnen daat eent nët.

Léini: Dat hien mech an t'Welt gesât huet?

Franz: Jo, déi Arbecht hätt hien sollen engem aneren iwerlossen.

Léini: (hiewt t'Schëlleren) Geschidd ass geschidd.(no enger Paus) majo,da muss ech elo emol t'Blumme nëtze goen.

Franz: Do kéint ech dir eigentlech hëllefen.

Léini: Jo, daat kéinst de (kuckt en, reselt de Kapp) Ze domm, (riets of)

11.Optrett

(*Éivchen,Heenz,Knuewelek,dann Franz*)

Éivchen an Heenz: (sie kommen lëschteg, Hand an Hand durch t'Mëtt)

- Den Heenz dréit en doudége Poulet mamm Kapp no ennen
an der Hand).
- Heenz: Komm, Éivchen, daat passt sech esou, dass mir äis beim Franz
bedanken. Ob hien wuel frou ass, wann ech him dee schéine
Poulet schenken?
- Éivchen: (mat Blummen) Ech mengen némmen, du häss de Poulet
awer nét gleich brauchen ze plémmen.
- Heenz: Firwaat nét? Mat de Plommen geseit hien zwar méi grouss
aus, némmen hien hat der schon zefill verluer, wéi ech hien mam
Velo iwerfuer hat. Du gëss him jo Blummen; da kann hien
jo zefriddén sin. Ob hien schon doheem ass?
- Éivchen: Losse mer warden. Wann mer némmen nét grad senger Mamm
an t'Hänn lâfen?
- Hentz: Setze mir äis (setzen sech niewentenaner, de Poulet leit um Dësch
an ass mat de Blummen zougedeckt) Nu komm schon e besschen
méi no gereckelt, dat ech eppes vun dir spiren.
- Éivchen: (ganz no un hien erun, an dreckt sech un hien)
- Heenz: Dat lossen ech mir gären gefalen. Elo misst nach just eng
Sonnenfinsternis sin.
- Éivchen: Ei daat wär flott.
- Heenz: (kësst et)
- Éivchen: Heela, no waat schmachts du dann
- Heenz: Ech?
- Éivchen: Neen,deng Lepsen?
- Heenz: (mecht de Fanger nass un der Zong, an fîrt iwer t Lepsen, an
leckt un de Fangeren hien lacht) Haha,wees de waat et ass?
Ech hun haut 200 Timberen opgepescht fir de Gesangverein.
Dat ass geschwënn erëm ewech.(kësst hat erëm)
- Éivchen: (seifzt)
- Heenz: Waat hues de dann?
- Éivchen: Oh, daat ass esou batter, dat een seng Léift èmmer esou muss
virun de Leit verstoppen.
- Heenz: Wart, wart of, daat gëtt sech nach.
- Éivchen: (kreischerech) Awer wéini? Wann mir emol bestuet sin, dann
brauch ech keng angscht méi ze hun, dass eent dech mir ewech
hëllt, ma elo awer – Heenz, daat géif ech nét iwerliewen (kreisch
an sein Nuessschnappech)
- Heenz: Ma Éivchen! Ech hun der versprach, dass mir äis bestueden.
A waat e Bréifdréier versprecht, daat ass esou secher ewéi e
recommandéierte Bréif, daat geet schon an t'Rei.(kreischrech)
Ech hun némmen Angscht, dat t'Zeit dir ze laang get, an dann
angels du dir en aaneren, an da léiss de mech postrestante leien.
Éivchen, daat wär mein Láscht. (kreisch an sein
Nuessschnappech).
- Franz: (vu riets, mat dem Reck zu deenen zwéin) Sou geet daat nét.

Mat all Strenz déi ech brengen, gin ech dir eng Bees als Supplément. Dat geet jo nüt.(geseit di 2 kreischen,an de Poulet) Ou,ass hei e Begriefness vun engem Poulet?

Heenz: (sprengt op, och t'Éivchen) Neen, Franz, dese Poulet hun ech dir matbruecht (reecht him en)

Éivchen: an ech hun t'Blummen matbruecht.

Franz: Mir, firwaat dann?

Éivchen: Wells du neischt vun mir wësse wells.

Heenz: T'Éivchen huet mir gesot, dass hat dir schissegAal wiir, an duerfir wëllte mir äis erkenntlech weisen.

Éivchen: Mir wënschen dir fun Härzen, dass du daat anert geschwenn kriss.

Franz: (rosen) Neischt kréien ech. Mat deem aneren ass et Esseg.

Éivchen: (verblüfft) Ou, waat ass da lass?

Heenz: (och esou) T'Éivchen huet mir dach gëschter erzielt dass fällt him an t'Ried) Gëschter, jo gëschter ass nüt haut, an haut ass nüt méi gëschter. Gëschter war alles am Botter, an haut ass alles am.... futsch. Ech kann daat anert nüt kréien, an duerfir huelen ech mir t'Éivchen.

Éivchen: (brëllt richt eraus)

Heenz: Aah, daat hun ech emol gär, esou ass et richteg. Ech hun nach èmmer gesot: verloss ass nëmmen op Bréifdréier.(rosen iwer t'Éivchen). an du hues dee Kâbes gefriess, deen hien der zervéiert huet.

Éivchen: (enner Tréinen) Ech kann awer nüt duerfir.

Heenz: Lang a breeft hues de mir erzielt, de Franz fleet op mech, an elo fleet hien op daat aanert. an ech Iesel plëmmen och nach mein schéinsten Poulet fier hien (blärt de Franz un) Hondsgemeng asss esou eppes. an esou vill soen ech dir: Vun haut un ass ärt Haus daat aller lescht, wou ech meng Bréiwer hindroen.(rennt rosen fort, kennt awer séier erëm, a reisst dem Franz de Poulet aus dem Grapp) Gëff de Poulet hier, wann ech keen Éivchen hun, brauchs du och kee Poulet ze hun. (rosen fort)

Éivchen: (schluchzt) Heenz, Neen esou eppes – (reisst dem Franz t'Blummen aus der Hand) an meng Blummen gess de och hier. Vill éischter wuessen Kornischongen op den Aeppelbeem, iir ech deng Frâgin. Du Schwindler (kreischt hart, an durch t'Mëtt of)

Franz: (kuckt hinnen no,dann) Do huet mein Papp äis eng schéin Zopp agebrässt.

12.Optrett

(Franz,Jeanny Meyer,dann Ketti an Léini)

- Jeanny: (eng schéin Frâ vun 40 Joer, energescht Gesicht, durch t'Mëtt eran) Gudde Moien och.
- Franz: (nët gudd opgeluegt) Moien.
- Jeanny: Ass et hei bei der Madame Ketti Dillendapp?
- Franz: Jo, daat ass meng Mamm (weist op seng Mamm, déi eraus kënnt) Do kënnt se grad (zu senger Mamm) Mamm, déi Frâ huet elo grad no dir gefrot.
- Ketti: (fréndlech) Jo, an?
- Jeanny: Ech kommen eigentlech bei meng Duechter.
- Ketti: Ou, soll déi hei wunnen?
- Jeanny: Jo, et heecht Léini Meyer, an ech sin seng Mamm, t'Jeanny Meyer.
- Ketti: (iwerrascht) Elo penkt et awer 13. Dir sidd t'Mamm? Dat ass awer eng schéin Iwerraschung. Do wärt t'Léini Aan machen, an eréischt mein Mann. (rifft Léini! (zum Franz) Wou ass et dann?
- Franz: Am Gaard, et nëtzt t'Blummen. (rifft no riets) Léini, deng Mamm ass hei.
- Léini: (kennt eran gestierzt) Waat? Meng Mamm? Oh, du Lieweger, do steet se jo. Maa Mamm, wou kenns du dann hier?
- Jeanny: Dat ass eng lang Geschicht. (zum Ketti) Darf ech mech e bessche setzen?
- Ketti: Ma secher, hei gett nët laang gefrôt.
- Jeanny: (setzt sech, an t'Léini derniewent) Denk der, t'Tatta Maria ass gestuerwen.
- Léini: T'ass nët méiglech.
- Ketti: (teilnahmsvoll) Oh mei, daat deet mir awer leed.
- Jeanny: Oh, jo, et ass awer och Zeit gin, 97 Joer war äis gudd Matti Aal gin. an ech hu schon gemengt, sie géif éiweg nët oofkratzen. an et kéim keen an de Genoss vun der Ierwschaft.
- Ketti: Ma Madame Meyer.
- Jeanny: Jo, ech hun hier schom èmmer e langt Liewen gewënscht, Mee, waat zefill ass, ass zefill. Nujee, elo huet den Himmel jo Matleed gehât, an hier den éiwegegen Fridden geschenkt. T'Liewen huet hier souwéisou kee Spaass méi gemat. Sie konnt nët méi héieren, huet neischt méi gesin, an konnt och neischt méi beissen. an èmmer nach op der Mouk setzen, daat huet sie och saat kritt. an wees de Léini, wien elo alles kritt.
- Léini: Wien dann?
- Jeanny: Du, du ganz eleng.
- Léini: Ech, wisou ech dann?
- Jeanny: Wells du sie esou gudd gefleegt hues, wéi sie deslescht krank war. Ech hun se all Woch gefrôt, wéi et hier geng goen, Mee mir huet se nët emol en Nuesschnappesch vermaacht. Du hass e Steen bei hier am Bried, an wars hier daat léiwst vun der ganzer Famill. Steet daat och am Testament?
- Franz: Natirlech. Den Notär hat sein gelleche Spass dermad, wéi hien et virgeliess huet. (Jeanny firun) Ech sin direkt bei de Wirt op

- (Nopeschduerf) gefuer, an do sin ech gewuer gin, dass de elo hei bass. Du gleews n t w i fr ou ech sin. Elo bass de aus allem Dreck eraus. Elo brauchs de dech n t hei an do kujen ieren ze loessen. Elo kans de emol endlech denger Mamm t'Liewen e w ineg m ei angenehm machen.
- Ketti: Ma do muss ech dir gratul ieren, L ini.
- Franz: an ech och.
- L ini: Merci.merci.Dir kennt mer fr i gleewen, daat doo mecht mir richteg Spass.
- Franz: Firwaat sollen mir et n t gleewen? Ech hun nach keen gesin,deen sech opgehangen huet,well en eng Ierwschaft gemeet huet.
- Jeanny: Ma so mol L ini,waat mechs de dann hei bei der Madame Dillendapp?Ass hei eng Wirtschaft?
- L ini: Neen, eng Wirtschaft ass n t hei. Mee eppes ganz aneschtes, eppes ganz aneschtes.
- Jeanny: Ou,waat dann?
- L ini. Mamm, daat fenns du denger Liewen n t eraus,wou ech hei sin.
- Jeanny: Nu so mer et schon,wou?
- L ini: Am Haus vu mengem Papp.
- Jeanny: Waat, liewt d i Lomp och nach?
- Ketti: Jo, d i Lomp ass mein Mann.
- Jeanny: Ou, daat konnt ech n t w essen. Entschellegt mech.
- Ketti: Ech ka jo gudd verstoen, dass dir n t gudd op hien ze spriechen sidd. Mee et ass keng m ei eng grouss Lomp, w i all d i aner Maansleid. Dir huet him deemols eben gefall, an hien iech, hueulen ech un, soss g if et t'L ini elo n t gin.
- Jeanny: (geschmeechelt) Nujo, gefall hun ech him schon. Hien wor deemols jo nach e flotten K rel, haut w rt wuel n t m i vill mat em lass sin?
- Franz: Ma dir sidd awer nach  emmer n t ze verwerfen.
- Jeanny: Wa mir esou e l iwen Borscht daat seet, da geng ech et bAal selver gleewen.
- Ketti: Mein Mann huet op jidfer Fall en gudd H rz. Et ass nach keen Dag vergangen,wou hien n t fun sengem L ini geschwaat huet, an duerfir hun ech him geschriwen, et soll heihinner kommen. Neen, Neen, schlecht ass mein Mann n t.Oder mengt der, dass e schlechte Mann sengem oneehelechen Kand all Mound 100 Euro scheckt?
- Jeanny: (lauschert) Wien huet 100 Euro gescheckt?
- Ketti: Ma, mein Mann.
- Jeanny: Wiem huet en d i 100 Euro gescheckt?
- Ketti: Ma – Iech – fir t'L ini! Oder n t?
- Jeanny: (sturkt t'Ketti een Ableck un, denkt iwer eppes no, dann mecht se w i wann et esou w r) Nuja gew ss.
- Ketti: Gesidd der! an elo bleiwt der sch in iwert t'Nuecht hei bei eis, an dann schwetzen met emol iwer alles mat mengem Mann.
- Jeanny: Jo, daat w rd wuel daat B scht sin(nodenklech) All Mount 100

Euro, daat sin am Joer 1200 Euro, daat mecht an 25 Joer 30.000 Euro (zum Ketti) Dir huet Recht, ech wärt mech emol glandlech mat him ausschwetzen.

Ketti: Daat war jo e gudd Batz Geld. Mee fir sein Léini hun ech et gär eraus gereckelt.

Jeanny: an hien huet et dir gär ofgeholl fir hat jo, esou war hien, an esou ass hien och nach haut!

Ketti: Oh mei, waat muss dee Mann eng Freed hun, dass alles esou op sengem Geburstag zesumme fällt.

Jeanny: Jo, wann elo nüt alles zesumme fällt, an hien vun elauter Freed e Schlag kritt.

Ketti: Keng Suerg, ech faalen nüt mat der Diir an t'Haus. Ech brengen him et esou noo an noo bei. Drëpsweis, wësst der, daat deet him neischt.
A elo drenken mer emol eng Tåss Kaffi dobannen.

Léini: Jo, ech decken alt schon den Dësch (of an t'Haus)

Jeanny: Kaffi, do soen ech nüt Neen. Dann huet dir och secher eppes guddes gebaak?

Ketti: Ah jo, esou e groussen Kranzkuch.

Jeanny: Nëmmen een? Fir drei Leit? Oh jee, dann huet hien et schlecht hei gerode. Dat schued him neischt.(of an t'Haus)

Ketti: Déi wärt hei wellen eng Reserve uleean, an fir eng Woch am Viraus iessen?
(of an t'Haus)

13.Optrett

(Neckel,Franz)

Neckel: (kennt schéin ugeschoss durch t'Mëtt)
Franz. Ah, Papp, gudd dass de do bass.
Neckel. Ou, firwaat dann?
Franz: Haut gëtt et eng Iwerraschung no der anerer.
Neckel: (nüt wuel) Waat ass dann elo schon erëm?
Franz: Ech wollt dech graad siche kommen.(rifft)
Mamm, de Papp ass schon hei!(of an t'Haus)

14.Optrett

(Neckel,Ketti)

Neckel: (eleng) Weess der Deiwenker, ech hun kee gudd Gefill.
Et richt esou brenzleg no engem Wieder.

Ketti: (aus dem Haus) Gudd, Neckel, dass du do bass.
Neckel: Dat huet de Franz och schon gesot. Waat get et da Neies?
Ketti: Eng Iwerraschung.
Neckel: Schon erëm?
Ketti: an nach méi eng grouss wéi déi mam Léini.
Neckel. Gees de, daat get et dach guer nët.
Ketti: Dach, wees de wien do ass.
Neckel: Ass nach e Mensch do?
Ketti: Jo.
Neckel: Wien dann?
Ketti: Nach eng Meyer.
Neckel: Nach eng Meyer. Wann daat esou weider geet, hun mir geschwenn
emplätz e Baurenhaff, eng Meyerei hei. Waat ass daat dann nach
fir eng Meyer?
Ketti: Erschreck nët : T'Jeanny Meyer.
Neckel: Jeanny?
Ketti: t'Mamm vum Léini.
Neckel: (jeitzt ewéi gebass) Neen.
Ketti: Dach, waat sees de dann elo? Ass daat nët e schéine Gebursdaag?
Neckel: Jo, et get èmmer méi schéin.
Ketti. an denk, t'Léini huet alles vun senger Matti geirwt, duerfir ass
sie hei.
Neckel: T'Matti?
Ketti: T'Mamm! So, déi léist awer kee gudd Hoer un dir. Ech hun mech
richteg an den Zaam missen huelen, soss wär se direkt erëm op
heem lass. Nun, bass de zefriddan mat mir?
Neckel: Ongemeng. Zenter gëschter mechs du mir eng Freed un der
anerer (greift un de Kapp an tierkelt) Mein Gott, waat get et mir
schlecht, ech muss bei den Dokter (wëllt durch t'Mëtt fort)
erwëscht en beim Kolli, dréint en erëm) Bleiw hei, deng Tricke
kenne mer. Dee Kappwéi ass geschwenn eriwer.(rifft an t'Haus)
Madame Meyer kommt emol eraus kucken.wien hei ass.
Neckel. (fir sech)Wann ech daat iwerliewen, ginn ech op den Hänn bis op
Lourdes.

(Vireg, Jeanny, Léini an Franz)

Léini: (mat deenen aaneren aus dem Haus)(weist op de Neckel) Geseis
de Mamm, do ass en.

Jeanny: Wien?

Léini. Mein Papp.

Jeanny: (kuckt den Neckel vu uewen bis ennen) Dat ass en nüt.

Léini: Net?

Ketti: Waat?

Franz: Wien ass daat?

Neckel: (geet frendlech op t'Jeanny duer) Jeanny, wéi geet et dir?

Jeanny: Komm, plènnert, ech kennen dech nüt.

Neckel: Jeanny, kuck mech dan emol un, kenns de mech da wirklech nüt erëm?

Jeanny: Der Deiwel, soll mech huelen, wann ech Iech schon eng Kéier gesinn hätt.

Neckel: A mech soll en dreimol huelen, wann ech nüt de Papp fun dem Léini sin.

Jeanny: (kuckt en nach èmmer erstaunt, a fänkt un, onsecher ze gin) Elo wees ech et op eemol selver nüt méi, op hien et ass, oder nüt?
Natirlech sin ech et, moschter mech emol zegutstert.

Jeanny: BAal nüt ze gleewen, wéi ee Mensch sech verännere kann.

Neckel: So, erlaab emol, a 25 Joer. Du bass dach och nüt méi daat selwegt, Mee awer nach èmmer schéin propper.(zum Ketti) Darf ech hir nüt emol erëm e Kuss gin?

Jeanny: Mengentwegen, wells de haut Geburstag hues.

Neckel: (dreckt t'Jeanny en sech a kësst et) Wéi ass et dann elo, kenns de mech nach èmmer et erëm?

Jeanny: Ech mengen, du wars deemols e wéineg méi grouss.

Neckel: (ganz verleeën) Jo, wann ee bestued ass, da schrompt een e beschen an.

Jeanny: Deng Aan sin och ganz anesch. Fréier waren se brong, elo sin se op eemol groo.

Neckel: Wann een Aal get, da get alles groo, waat fréier brong war.

Jeanny: Jo, jo t'Hoer, awer dach nüt t'Aan.

Neckel: Ech sin bestemmt eng Ausnahm.

Jeanny: Dajee alt, et freeet mech, dat mir äis emol erëm gesin, schon aleng wéinst deenen 30000 Euro, déi ech nach fun dir ze kréien hun.

Neckel: Fun mir?

Jeanny: Majo, 25 Joer lang hues du denger Frâ all Mount 100 Euro ofgegotzelt, fir t'Léini. A mir hun nüt emol ee Cent dofun ze riche kritt.

Ketti: Wéi ass dann esou eppes méiglech?

16.Optrett

(Vireg,Jamper,Merri,E^vchen)

- Jamper: (kennt als éischten durch t'Mëtt) Gudde Moien.
- Jeanny: (sturt de Jamper un, da jeitzt et a weist mam Fanger op hien)
Dat ass en.
- Alleguer: Wien?
- Jeanny: De Papp vum Léini.
- Jamper: (erkennt et a sackt zesummen) Herrjeeminee, t'Jeanny.
- Merri: (stur) Jamper, - du hues e Kand mat enger aanerer?
- Jamper. (get èmmer méi kleng, a faalt t'Hänn) Sief mer nöt bëiss,Merri,
et wärt nöt méi firkommen.
- Merri: (erwëscht de Biesem, dee beim Dësch steet)
- Jamper: (rennt derfun) Hëllef! Hellege Christophorus, Patron fum
Verkéier, hëllef.(rennt durch t'Mëtt)
- Merri: (him no) Unhalen, unhalen(durch t'Mëtt of)
- Éivchen: (senger Mamm no) Mamm, ech hëllefen dir e fänken(him no)
- Neckel: (wëllt sech verdrecken)
- Ketti: (versprårt him de Wee) Heigebliewen.
- Neckel: (mecht de Männchen mat den Hänn,wéi en Hond)
- Léini: (jeitzt vun elauter Freed) Franz,elo sin ech jo guer nöt deng
Schwester.
- Franz: (zitt hat un sech) Dat muss belount gin!(kësst hat)
- Ketti: Neckel, eso hues de mech ugeschmîrt? (hëllt mat der Hand
aus, fir him eng zu latschen) Wart du, komm du eran.
- Neckel: Neen, do warden ech léiwer nöt.(leeft durch t'Mëtt fort)
- Ketti: (hanner him hier) Wart, dech huelen ech zweemol erëm.
(rifft) Unhalen,unhalen!
- Jeanny: Waat eppes. A waat elo?
- Franz: Waat elo? (hiewt t'Léini an t'Lücht) Ma elo bestueden mir eis.

R I D O

III A K T

Beim Jamper, an enger gudd gemitlech agerichter Stiffchen. Riets den Agank, lenks zwou Diiren an t'Schloofkummeren an eng Fenster an de Gaard. an dem rietsen Eck en Kolonnenuewen, mat enger Bänk. an der Mëtt fun der Stuff e breeden Dësch – Mueres fréi.

1. Optrett

(*Merri, dann Éivchen*)

- Merri: (setzt an enger Fautel a schléift. Se steet ganz noo bei der rietser Diir, ouni dass de Passage behënnert ass. Sie huet t'Gezei nach un vum 2 Akt, an hält de Biesem nach am Grapp ---- Schwetzt am Schlof) Unhalen, unhalen (Den Biesem fällt hir aus der Hand, a rabbelt)
- Éivchen: (hallef ugedoen vun riets eran) Mamm, waat ass da lass?
- Merri. (reiwt sech am Schlof t'an) Hein, waat soll da lass sin?
- (Geseit de Biesem, an hiewt en op)
Ass en nach èmmer nët do, deen aalen Heesprenger?
- Éivchen: Ech hun neischt héieren, dass e komm soll sin.
- Merri: Esou eng Spullomp! Waat ass e gëschter gerannt. Wéi e wëllen Iesel. Ech hätt e bestëmmt erwëscht, wann ech nët zweemol de lange Wee dohinner geflattert wär. T'ganz Nuecht louch ech op der Lauer, an elo ass en nach nët do.
- Éivchen: Jo, elo huet e secher t'Box voll mat Dir.
- Merri: Keng angscht a vill Gedold. Wann den Honger en dreckt, da kennt e bestëmmt erëm. Deem wärt ech eppes abrächen, dat en nach 14 Deeg dru knât. Ech wärt deem schon weisen, waat et heecht, ouni mech Kanner an t'Welt ze setzen.

2.Optrett

(*Vireg,dann de Kniecht Jeek*)

- Jeek:. (joncke Kniecht, esou 25 Joer aal, gaapst, an kennt vun riets eran) Gudde Moien.
- Merri: (iwerraschend frendlech) Gudde Moien Jeek!
- Jeek: Wou ass de Bauer?
- Merri: Dat déit ech selwer gär wessen.
- Jeek: Ech hun him eppes ze soen.
- Merri: Waat dann?
- Jeek: Ech wëll him soen, dat et elo geschwenn Peischten ass.
- Merri: Dat wees hien och ouni dech. Souweit fonctionnéiert sein

sougenannten Kapp dach awer nach, dat e wees op Peischten oder Krëschtdag firun der Diir steet.

Jeek: All Joer versprecht e mir, dass ech Peischten eppes an der Pei beikréien.

Merri: Dat versprecht en dir bestëmmt och dest Joer.

Jeek: Jo, an gees de erëm elo, vum Verspiechen aleng kann ech mir keng knëtzelen. E soll emol endlech mat de Weck eraus reckelen.

Merri: Oh, du Liweger! Waat huet e mir schon Allerhand versprach. A gehalen huet en neischt.

Jeek: Duerfir sidd dir och seng Aal. Dat ass ze verstoen. Mee ech lossen mech nüt wei' en Ochs un der Nues remfeieren.

Merri. Roueg elo, eraus elei.

Jeek: Jo, jo scho gudd. Mee daat soen ech, wann en des Keier erëm neischt eraus reckelt, da gin ech. Neckeg Band. (geet, dreint sech an der Diir, an seet ganz gemütlech) Schéin Feierdeeg, awer.(riets of)

3.Optrett

(*Merri, Éivchen*)

Merri. (opgereegt an der Stuff hin a hir) Jo, schéin Feierdeeg. Wou een esou eppes vun dengem Papp zu Ouere kritt.

Éivchen: Dat mam Léini? Oh Mamm, da war een eeben eemol ausgerutscht. Waat ass da schon derbei?

Merri: Fir auszerutschen, sin ech hei. Ech geng gär wëssen,waats du gengs
soen, wann dein Franz enges Dags esou eppes geng ustiwelen.

Éivchen: Ganz a glad guer neischt geng ech soen,well de Franz mir ganz schnuppe ass.

Merri: Ou, ass dein Mann dir schnuppe?

Éivchen: De Franz ass mein Mann nüt.

Merri: Hie get et awer.

Éivchen. Neischt get hien.

Merri: Waat?

Éivchen: (daper) Ech wëll en nüt. Ech hun längst en aneren.

Merri: Du hues ----- Wien dann?

Éivchen: De Bache Jang.

Merri: Den Timbereleckert? Elo muss ech mech awer setzen(setzt schon) Dat ass jo..... Du bass jo, (sprengt op) Du hëlls de Franz verstaan!!

Éivchen: Neen, neischt verstaan, ech huelen de Jengi.

Merri: an du hëlls de Franz.

Éivchen: Kennt guer nüt a Froo, dee gefällt mir nüt.

- Merri. Dat spillt keng Roll. Dein Papp huet mir och nüt gefall, an ech hun en awer bestued. an haut sin mir een Kopp, an een... du wees waat ech mengen.
- Éivchen: Ech gesin daat all Dag, wéi weit déi zwee funeneen sin. Dat ass jo fir ze lachen.
- Merri: Waat hues de gesoot?
- Éivchen: Ech lachen mech nach kapott, hun ech gesoot.
- Merri: (rosen) Du hölls de Franz, an domadde basta.
- Éivchen: Du kanns roueg jeizen. Ech hueeln awer den Heenz Knuwelek.
- Merri: Do gin ech mein Segen nüt.
- Éivchen: Da geet et alt ouni dein Segen.
- Merri: (entsât) Du Lieweger, wou huet daat Fraamensch nämmen dee Spatze Mond hir?
- Éivchen: Ech mengen fun dir.
- Merri: (schnappt no Loft) Ech muss goen, soss geschidd hei nach en Ongleck. Wann ee freeet, ech sin bei den Schandarm, fleicht huet deen eise Papp gesin.
- Éivchen: Wanns de de Bache Jang, mein leiwen Heenz begéins, huel him e schéine Bonjour mat, an eng deck Bees.
- Merri. Eng kräfteg an t'Leiskaul kritt en, daat en nach 14 Deeg seng Bréifkäppacher schief lecke muss. (riets of, schléit rosen t'Diir zou).
- Éivchen: (leeft bei t'Fenster, a beckt sech heraus, a rifft dem Merri no) an ech bestueden en dach, a wanns de dech géifs op t'Kopp stellen. (geet fun der Fenster ewech) Sou, elo ass et eraus

4.Optrett

(*Éivchen ,Franz*)

- Franz. (fun riets) Gudde Moien, Éivchen.
- Éivchen: Waat wëlls du dann? Huet meng Mamm dech éieren hei eran bugséiert?
- Franz: Wou denks du hin. Meng Manm huet mech gescheckt. Sie léisst froen, ob eise Papp bei Iech ass.
- Éivchen: Neen, deen ass nei bei eis.
- Franz: Denk der emol, dee war dei' ganz Nuecht nüt doheem. Wou kann deen da nüemme stiechen
- Éivchen Wahrscheinlech do wou mein Papp ass, deen äis och zénter géschter énnner t'Rieder komm.
- Franz: Nujee, dein Papp huet eeben den Dadder, well deng Mamm him de Bockel esou möll drescht, wéi den Hënner. Mee mein Papp ass keen esou ee Färtaasch.
- Éivchen: (besuergt) Wann déi zwéin sech Aalt nüt e Leeds ugedoen hun.
- Franz: (lacht) A wou denks de hin? Mein Papp setzt höchstens hannert

- engem Faass, an denkt no, waatfir ee Biir dass hien menger
Mamm
erëm soll opbannen.
- Franz: Schon méiglech, a mein Papp?
Franz: Dee wärt mengem Papp wuel t'Seel unhalen.
Éivchen: Wann en sech nämnen nët mam See opgehangen huet?
(fänkt un ze kreichen)
- Franz: Allez hopp, wann e während sengem ganze Bestiednes nët
op déi Idi komm ass, dann ass elo keng Gefôr méi. Nu pinsch
elo nët esou, et ass jo ze schued fir deng schéin an.
(hien zit sein Nuerschnappesch) Komm emol. (drehend
him t'an) Sou, t'Nuess och.(botzt him t'Nues).
Gesäis de, elo bass de erëm kessable.
- Éivchen: Oh, du Flautert do.
Franz: Gleew mir Éivchen, äis Päpp liewen esou secher, wéi 2 an 2
véier ass.
- Éivchen: (méi roueg,schluchzt awer nach) Mengs de?
Franz: Ma kloer, déi hun vun deenen irdesche Freeden nach nët genug.
an elo erzielen ech der eppes, do hälls de bestemmt mat
pinschen op, an do lachs de.
- Éivchen: Eppes vum Heenz?
Franz: (mecht t'Diir op, e léist t'Léini erankommen)
Neen, eppes vum Léini.

5.Optrett

(Vireg, an Léini)

- Léini: (fu riets) Gudde Moien.
Franz: (zum Éivchen) Do, daat ass deng Stéifschwester, an meng
Zukünfteg.
Éivchen: (jubelt) Deng – du wells mech also nët?
Franz: an nët fir schwéiert Geld! Hein,hun ech nët gesôt, gleich
lachs de erëm.
Éivchen: (rëselt dem Léini t'Hänn) Elo sin ech awer esou frou.
Léini: Dat ech deng Stéifschwester sin.
Éivchen: Dat och. Mee nach méi, dat de Franz dech bestied.
Heenz: (Mat doudeechter Minn vun riets eran) Gudde Moien.
Éivchen: (freedeg iwerrascht) Heenz!
Franz: Donnerwieder, waat mechs de dan fir e Gesicht? Hun
T'Hinger dir t'Brout geholl, oder hues de en ageschriewenen
Bréif verluer?
Heenz: Mat Bréiwer hun ech neischt méi ze din. Et ass eriwer.
Ech wollt iech nämnen nach eng Kéier gesin.
Éivchen: Waat ass da lass?

Heenz: Ech wanderen an Amerika aus.
Franz: A firwaat dann?
Heenz: Wells du mein Éivchen bestieds. Ech sollt dann t'Telegrammer an t'Bréiwer an t'Haus brengen, a gesin, wéi bei iech ee Kand nom aneren mir t'Diir opmecht. Dat geet iwer meng Kräften.
Franz: Jo, Kanner wärden wuel opmarschéieren. Mee geniert wärden si wuel nüt vum Éivchen gin, mee hei vum Léini (emärbelt T'Léini)
Heenz: Waat? Ma wisou dann elo op eemol erëm ?
Franz: Well ech t'Éivchen nüt bestueden. Mee t'Léini.
Heenz: Ah sou, dann, an deem Fall muss Amerika op mech verzichten.
Éivchen: Ech lossen nüt méi vum mengem Heenz
Léini: an ech nüt méi vu mengem Fränzi.
Heenz: (zum Éivchen) Hues de mech esou gären?
Éivchen: (krempft sech un den Heenz) Déri Frô beäntwerten ech dir dobaussen
hannert der Hierländerhäck. (zitt den Heenz no lenks of)

6.Optrett

(*Neckel an Jamper*)

Deenen zwéin hir Käpp kucken virsichteg durch t'Fenster eran

Jamper: Neckel, ech mengen, mein Aalt ass nüt doheem.
Neckel. Vleicht steet et irgendwou hannert enger Diir.
Jamper: Loss mir emol probéieren, wéi mir den Hausgeescht erausgelackelt kréien.(rifft mat verstellter Stemm wéi eng Vierkeefesch)
Hei get et Lastick, Bendelen, Brettellen an Wixbiischten. Hei
Get et Meckefankerten, holze Läffelen an Torschongen.
(verschwanden virun der Fenster) (no kurzer Paus kommen se erëm bei t'Fenster).
Neen, Neen, déi ass mir op de Virzock.
Neckel: Vleicht huet se sech och nüt gewise, well se neischt brauch.
Jamper: Hues du eng Ahnung. Wann déi ee jeitzen héiert, huet se direkt Bedürfnis, ze weisen, dat sie, et nach besser kann. Neen, mei Jong déi ass nüt heiheim.
Neckel. Ma da losse mer eran goen.
Jamper: Mengs de?
Neckel: Kloer.
Jamper: A wann se kennt?
Neckel: Dann ass se do. Mir kennen dach nüt bis Mokuchsdag op dem Heeknapp setze bleiwen.
Jamper: Neen, de Kascht ass op t'Dauer do uewen zefill einseiteg.
Neckel: A lass. Géi du fir, ech decken dir de Reck (sie verschwanden virun der offener Fenster, an kommen op den Zéiwenspetzen

zur Diir eran)

Neckel: Waat kann da schon passéieren? Du gess e wéineg fun hir geheemeelt.

Jamper: Jo, mat der Kucherull.

Neckel: Waat hues de da schon gemeet? Du hues fir t'Hiewung vun der Geburtenziffer gehollef. Duerfir misst de eigentlech eng Medaille kréien.

Jamper: Jo, ech hun t'Geburtenziffer mat enger aneren gehuewen.
Mei Merri war nun emol esou e Musterweib. Sousen huet hat keng, mee den éischten Preis, waat t'gudd Dugenden ubelangt.
(Schreck riets) Lauschter, oh Mamm elo kennt et.

Neckel: Dan hAal dech emol riicht.

7.Optrett

(*Vireg,Jeek*)

Jeek: (vu riets eran) Aha, do ass de Bauer jo.

Jamper: Jo – mir

Neckel: Mir hun haut emol ausnahmswäis fréi Gromperen eraus geholl.

Jeek: Op der Genn?

Jamper: (rosen) Iwerhapt geet daat dech en drechne Kéiflapp un, waat ech machen.Waat häss de gär?

Jeek: Peischten ass do.

Jamper: Dat ass schéin. Da wënschen ech dir schéin Feierdeeg, an elo mach dech erëm vif un t'Arbecht.

Jeek: All Joer em Peischten huet de Bauer mir méi Loun versprach.

Jamper: Wann daat alles ass, waats de wells, da verspriechen ech dir daat och dest Joer.

Jeek: Ech hun es awer elo sât mat deem Verspriechen. Ech verlangen dat dir elo endlech daat Verspriechen haalt.

Neckel: Dat nennen ech bescheiden sin. Dee Kärel huet jo guer keng Schimt am Leif.

Jamper: Du verdings jo souwéisou nach zevill fir daat waats de hei leechs.

Jeek: T'Frâ ass awer richteg zefritten mat mir.

Jamper: Dat wollt ech iwerhapt schon lang wessen, waat fir een Af déi un dir gefriees huet?

Jeek: Sie huet gesôt, déi Kéier kréisch ech ganz bestemmt méi an t'Pei.

Jamper: (zum Neckel) Esou werft sie mat mengem Geld derëmmer.

Jeek: Waat kréien ech dann elo bei?

Jamper: 100 Euro.

Jeek: Ass daat alles?

Jamper: Jo.

Jeek: 150.

Jamper: (jeitzt) 100 Euro hun ech gesôt. –(well de Jeek sech nöt réiert

rifft en) Wëlls de nach eppes?
Jeek.
Jamper:
Jeek:
Jamper:
Neckel:
Jeek:
Jamper:
Jeek.
Neckel:
Jamper:
Jeek:
Jamper:
Neckel:
Jamper:
Jeek:
Neckel:
Jamper:
Neckel:
Jamper:
Neckel:
Jamper:
Neckel:
Jamper:
Neckel:
Jamper:
an Jeek:
Jamper:

(zitt e Bréif aus der Tàsch) Ech hun e Bréif kritt.
Maja, 100 Euro, an e Bréif, daat wärt jo fir Pengschten durgoen.
De Bréif ass vun mengem Papp.
(gereitzt) Ech well daat Wuert Papp nüt méi héieren.
A muer och nüt.
Main Papp ass abestuedt zu Gilsdref. All Kéier wann hien mir
geschriewen huet, huet t'Frâ mir de Bréif virgelies, well ech jo nüt
liese kann. Haut ass se awer nüt do, an do wollt ech froen
Dat ech de Bréif sollt virliesen. Geff heihinner, dass ech denger
lass gin.(hëllt de Bréif, a sicht en sengen Täschen) Ma
wou hun ech dann elo mein Brëll?
Soll ech emol iwer de Schwengstall sichen goen?
HAal t'Maul, (hëllt dem Jamper de Bréif aus der Hand) „, Mei
Léiwen Jeek, ech wënschen dir schéin Feierdeeg fir Pengschten
an och fir Neijoschdag, da kascht et alt nëmmen eng Kéier de
Porto“ – E praktesche Mann, dei' Papp. – (liest) Et wonnert
mech, dass de Bauer der nach èmmer nüt méi gëtt an der Pei.
Du hues mer dach geschriewen, dass seng Aal derfir ass, an dass
deen aalen Efalt alles mecht, waat déi Aal wëllt.
Waat?
(kratzt sech um Kapp) Ech hätt dach léiwer warde sollen, bis
T'Madame doheem ass.
Waat sin ech?
Du hues dach héieren. En Eefalt bass de. (liest)
„, Mein léiwe Jeek, mir schengt et wéi wann déi Aal dech och geng
op den Arm huelen, well sie och nüt mat der Menz eraus reckelen
wëll, soss hätt sie ewell lang mat hirem Hampelmännchen
geschwaat.
Dat gett jo èmmer besser.
HAal de Mond.(liest amuséiert virun)“ Dat ass nüt schéin vun där
Frâ. Ech sin foxwell op sie, esou eng kneckeg Quetsch.
Dat stëmmt, daat do ass gudd gesot.
(liest) „, Nëmmen elo ass t'Faas voll. Duerfir wëll ech dir haut
verroden. Du hues mech esou dax gefrôt, wien deng Mamm wär,
an ech hun èmmer gesôt, sie geng nüt méi liewen. Nëmmen daat
war nüt wouer. Ech hat denger Mamm deemols misse verspriechen
dir èmmer zu soen, sie wier scho lang dout. Nëmmen, well sie
deemols ausgezeechent ass gin fir hir Tugendhaftegkeet.....
(haucht ahnungsvoll) Neckel.....
Waat hues de dann?
Mir get et schwarz virun den an.
Da mach t'an zou – (liest virwetzeg virun) Deng Mamm ass keng
aaner, wéi dem Bauer seng Frâ, t'Merri Seemiel.
(jeitzen zesummen) Hee!
Meng Aal huet och gehollef,t'Geburtenziffer ze erhéigen.

- Neckel: Neen, esou eppes. (liest séier virun) „So hier, dass ech hirem Mann och alles schreiwen, wann sie dir nüt op der Platz eppes beigët. Zerrap dese Bréif gleich, fir dass deen Alen en nüt an t'Hänn kritt. Deen Toopert brauch vun där ganzer Geschicht neischt ze wëssen. Vill Gréiss vun dengem Papp“
- Jeek: Ass daat nach dran. Wann ech daat éischter gewosst hätt, dann hätt ech mir bei der Arbecht e wéineg méi Zeit geloss. Mee elo werd ech wuel double Loun kréien?
- Jamper: Ma elo kriss de iwerhapt kee Loun méi, elo gehéiers de jo zur Famill.
- Jeek: Oho, doriwer schwetze met awer nach.
- Jamper: Éischtens, renns de elo emol an t'Duerf, an da sicks de deng Mamm.
- Jeek: Jo.
- Neckel: Vleicht ass sie bei menger Aaler?
- Jamper: Dat ass mir schisseegal, wou se elo ass. Doud oder lieweg brengs du mir si heihinner. Wanns de nüt gleich erëm bass, da gees de ongespetzt an de Buedem.
- Jeek: Jo. Mee eppes ass secher.
- Neckel: Waat?
- Jeek: Wann nach eng Kéier e Bréif vun mengem Papp kennt, da kritt de Bauer en nüt ze gesin.
- Jamper: Eraus.
- Jeek. (schon riets of)

8.Optrett

- Jamper: Dat ass awer de Clou vun der Frechheet, wéi dee mech tituléiert. En Tôpert, en Hampelmann ,
- Neckel: Wou hir kennt en dech dann eigentlech?
- Jamper: an de Jeek ass t'Meeschtersteck vun eisem Merri.
- Neckel: Ech sin entsaat, entsaat, entsaat.
- Neckel: Ma daat ass dach wonnerschéin.
- Jamper: Ou, an daat fénns du wonnerschéin.
- Neckel: Ma elo hues du dein Aalt jo an der Feckmillchen. Elo kann hat dir t'Leini dach nüt mei virwerfe. Elo kanns du emol endlech beweisen dass du den Här am Haus bass.
- Jamper: Dat ass wouer, elo keint ech emol iwer Wassser kommen. Mee....
- Neckel: Waat mee?
- Jamper: Wei' mecht een daat dann, wann een den Här markéiert?
- Neckel: Firun allem därf du nüt drakucken wei' een beseechte Kueder. Deng an mussen bletzen, esou wei' bei engem Tiger, deen sech en Explorateur fir Dessert sicht. Esou (rullt mat den an)
- Jamper: Dat brengen ech gudd färdeg. (versicht et)
- Neckel: Dann därf du och nüt stoe bleiwen, wei' wann t'Hinger dir

- t'Brout geholl hätten. T'Stîr an t'Lucht, dann t'Fauscht op den Dësch gekracht.
- Jamper: Aha, esou? (versicht et)
- Neckel: Ma secher, a jeitzen muss de, brëllen, dat t'Taasen an der Kribäck rabbelen.
- Jamper: Soll ech nüt vleicht eppes futti geheien.
- Neckel: Waat méi, waat besser; Dann nüt eng Sekund ophalen. Ëmmer an der Stuff ronderëm, ewéi e Stéier, dee Bludd geseit.
- Jamper: Bei där Geléenheet kënnt ech hir och eng latschen.
- Neckel: Kloer, elo hat ech daat baal vergiess.
- Jamper: Dat vergiessen ech bestëmmt nüt. A waat soll ech soen?
- Neckel: Dat wärt ech dir scho flüsteren, wann et esou weit ass.
- Jamper: Juer. (T'Merri geet rosen dobaussen lanscht t'Fénster) Ojee, elo kënnt et schon.
- Neckel: Jamper, nu wäis emol dass du e Mann bass.
- Jamper: (streckt sech, stellt sech niewent den Neckel) Esou eng Männlechkeet huet dein Merri nach nie bei mir gesin, daat schwiren ech dir.

9.Optrett

(*Vireg ,dann Merri*)

- Merri: (fu riets, stemmt t'Hänn an t'Heften) Ah, do bass de jo, du Fléipéiter! Also esou hues du et als Jongesell gedriwen. Elo ass et eriwer mat menger Gudheet.
- Neckel: (pespert dem Jamper) Haal t'Maul.
- Jamper: (brëllt) Haal t'Maul!
- Merri: Waat hues de gesoot? (geet op en duer)
- Neckel
- a Jamper: (kriechen änner den Dësch)
- Neckel: T'Maul solls de haalen, soss get et Streech.
- Jamper: (brëllt) T'Maul solls de haalen, soss gët ét, eehh waat gëtt et dann?
- Neckel: Soss gët ét Streech.
- Jamper: Soss gët ét Streech.
- Merri: Ma waat ennerstees du dech? Wéi schwätz du dann mat mir?
- Neckel: (flüstert) Ech wärt nach ganz anesch mat dir schwätzen.
An elo eraus aus der Deckung.(kennt ennert dem Dësch eraus)
- Jamper: (kennt och eraus) Ech wärt nach ganz anesch mat dir schwätzen.
(rast an der Stuff ronderëm, den Neckel hannedrun)
- Neckel: (flüstert) den Här am Haus, daat sin ech.
- Jamper: (dréint sech em a bleiwt stoen) Wéisou duu?
- Neckel: Ma Neen, duu dach.
- Jamper: (brëllt t'Merri un) Den Här am Haus, daat bass du.
- Neckel: (flüstert) ech ,ech.
- Jamper: Ma deecidéier dech dach? Ech oder du

- Neckel: (flüstert) Ha mat der Fauscht op den Dësch.
 Jamper: (kracht t'Fauscht op den Dësch) Do soll dach de Schënecker dra schloen (zum Neckel) War daat gudd esou?
 Neckel: Tiptop.
 Merri: (zum Neckel) So emol, waat bléis du him émmer esou an T'Ouer? Hein?
 Neckel. Ech? Ech well de Jamper berouegen.(flüster) Sou, elo latsch hir eng.
 Jamper: (lues) daat spueren ech mir fir den läschten Akt. (hëllt eng Taass an stellt se greffbereet dohinner)
 Neckel: Waat get daat doen dann?
 Jamper: Déi brauch ech fir Schirbelen ze machen (zum Merri) Bis haut hun ech mir alles fun dir bidde geloss, awer fun elo un peift de Wand aus engem anere Lach.
 Neckel: (flüstert) Du aale Mëschtgreef.
 Jamper: Du ale Mëschtgreef.
 Merri. (et verschléit him den Otem) Gott stéi mir bei, den Aalen huet de Verstand verluer.
 Jamper: Mir wëlls de wéinst dem Léini den Hals ofschneiden, Grad du deen et fauschtendeck hanner den Oueren huet. Deen sech esou ganz am Geheimen reproduzéiert huet.
 Merri: Oh mei (sackt zesummen)
 Jamper: Drei Joer wees ech schon, dat de Jeek dein ass, an drei Joer lang hun ech owes ennert der Decken gepinscht wéi e klengt Kand, an ech hun mir neischt umierke geloss, well ech e friddleche Mënsch sin. An du renns mir wéinst mengem Meedchen duerch T'ganzt Duerf mam Schruppert no?
 Firwaat hues du dei' Jong bis elo énnerschloen. àntwer!
 Merri: Jamper – sief met nüt béis! Ech hat Angscht, du gifs mech nüt welle bestueden.
 Jamper: (lues zum Neckel) Hëllef mir virun.
 Neckel: (flüstert) An ech Randvéih sin dir op de Leim gang?
 Jamper: (lues) Neen, daat soen ech nüt (hart). Vun haut un ass et aus mat denger Gewaltherrschaft hei. Elo iwerhuelen ech de Kommando, an du hues menge Befehler zu Wasser, zu Land an an der Loft ze befollegen, verstaan?
 Merri: Jo Jamper.
 Jamper: Gëf mir e Kuss.
 Merri: (mecht t'Ärm auserneen, fir hien ze këssen)
 Jamper: (wiirt of) Net op de Mond – hei op t'Hand.
 (streckt t'Hand dohin)
 Merri: (zeckt)
 Jamper: (energesch) Geet et da baal.
 Merri: (kësst him t'Hand)
 Jamper: (streckt déi aaner Hand och duer) Déi aaner och.
 Merri: (kësst och déi zweet Hand)
 Jamper: (kommandéiert) An haut den owend mechs du mir esou en

Merri: Hiwel Sterzelen. (weist wivill)
 Neckel: Jo Jamper.
 Jamper: (flüstert) An dem Neckel och en Hiwel.
 Merri: An dem Neckel (zeckt) och baal grad esou en Hiwel.
 Merri: Alles wéis du et gär häss, Jamper.
 Jamper: An eist Éivchen kritt den Heenz Knuwelek, de Bache Jengi.
 Merri: (hat jeitzt rosen) Waat?
 Jamper: (leeft hanner den Neckel) Oh jee.
 Neckel: (dreckt en erëm no fir an flüstert)
 Ech well et esou hun, verstaanen.
 Jamper: Ech well et esou hun, verstaanen, denk un de Jeek.
 Merri: (kleng begin) Jo, mein léiwen Jamper.
 Jamper: Elo gees de bei t'Éivchen an da sees de him, dass de Bache Jengi
 eisen Edem get.
 Merri: (iwrem goen no riets) Jo, Jamper.

10.Optrett

(*Jamper, Neckel*)

Jamper: Hein, waat sees de dann elo? Wéi huet et paréiert, hein.
 (steut stolz mat den Ärm iwrenaner, dann hëllt en t'Taas
 fum Deesch an klaakt se op den Buedem)
 Neckel: Firwaat gehäis de déi dann elo op den Buedem?
 Jamper: Dat haat ech éinescht am Eifer vergies.
 Neckel: Et war groussarteg, dir nozelauschteren, an dech ze gesin.
 Jamper: Jo, wann t'Gaal mir iwerleeft. An daat alles hun ech dem Jeek ze
 verdanken. Wann et hien nët gin wiir, dann wér ech hei énner
 gangen, wéi t'Titanik. Mee elo hun ech t'Merri énner Wasser
 gedreckt. Fu maar un kritt de Jeek dueble Loun.
 Neckel: An ech?
 Jamper: Du, du hues bei mir Freibéier zegudd, bis un dein séilegt Enn.
 Neckel: Oh Här, loss mech nach laang liewen! Wann ech nämmen och
 nach esou wär mat mengem Ketti?
 Jamper: Jo, bei dir ass et nach vill méi schwéier wéi bei mir.
 Neckel: Et huet eben nët all Mënsch daat Gleck, dat en senger Frâ en
 oneehelecht Kand ka firwerfen. Ech wéist awer schon eppes. Ech
 gin an de Gaard, a wann mein Aalt dann no mir freeet, dann
 schlubberst du mat den Been, a sees, du gengs mengen, ech wär
 nët méi ganz liwreg am Kapp, a geng am Gaard setzen.
 Jamper: Wéi dann?
 Neckel: Du sees, et wär dir baang ém mech. Ech hätt mir dee Schwindel
 mat den 100 Euro esou zu Härz geholl, a schon esou vill
 bereit, dat mein Verstand e klengen Tick kritt hätt.
 Jamper: Op hat daat gleewt(lacht)
 Neckel: Du därfst natirlech nët lachen derbei, soss mierkt hat eppes. An da

sees de weider, du häs emol gehéiert, dass een en Tirlitti erëm bei Verstand geng brengen, wann een him eng grouss Freed geng machen, verstaanen?

- Jamper: Jo, du bass mir schon dee richtegen dapere Brudder.
Neckel: Dajee, ech gin alt elo an de Gaard, an geroden e wéineg niewent de Kapp.(geet lenks of)
Jamper: (rifft em no) Groussarteg, nämmen allzevill wérts de dech wuel nét un ze strengen brauchen?

11.Optrett

(*Jamper, Éivchen, Léini, Franz, Merri, dann Ketti*)

- Merri: (kénnt mam Léini, Éivchen, Franz an t'Stuff eran fun riets)
Jamper: Wéi ass et Merri, hues de dem Éivchen, Bescheed gesoot?
Merri: Jo, an elo soen ech et nach eng Kéier. E besseren Edem wéi de Bache Jang kann ech mir glad nét virstellen. Ech hun jo èmmer esou gemach, wéi wann ech hien nét brauche kéint. ech wollt nämnen wessen, ob eist Éivchen hien wirklech esou gären hätt..
Jamper: Ah, Éivchen, wéi gefällt dir deng frësch poléiert Mamm?
Éivchen: Vill, vill besser we déi aal. Wann se alt laang esou nei bleiwt?
Jamper: Dat loss nämnen meng Suerg sin.
Ketti: (fu riets ausser Otem) Ah, hei sidd der jo; wees keen fun iech, wou mein Neckel ass?
Jamper: Hm----
Léini: Wees du et nét, Papp?
Franz: War en dann nét hei bei dir?
Jamper: Dach, en ass am Gaard.
Ketti: Am Gaard?
Jamper: Jo.
Franz: Waat mecht en dann am Gaard?
Jamper: E wärd wuel Dëllpessen fänken.
Ketti: Ah sou, ma ech wärt him elo gleich den Dëllpess unhänken.
(wëllt riets of)
Jamper: (verspärt hir de Wee) Ketti!
Ketti: Waat wëlls de dann?
Jamper: (mat deischterer Stëmm) Ech mengen nämnen, et hätt eigentlech ké Wert, dass de dem Nackel op den Dach klëmms. Ech mengen, e géif dech elo nét méi richteg verstoen, deen Aarmen.
Ketti: Waat heescht hei Aarmen, eng Lomp ass en.
Jamper: (virun ewéi virdrun) Gewiescht, Ketti, gewiescht. Elo ass en aarm, an du dees mir fun Härzen leed.
Ketti: (beonroueegt) Ech? Firwaat
Leini: Waat ass da passéiert?

Jamper: Den Neckel huet esou komesch Ried gefourert, ech mengen
hien gehéiert elo zu deenen Séilegen am Geescht.
Ketti: (ëmmer méi onroueg) Em Gottesbiddeswëllen.
Jamper: Jo, an der Bibel steet jo schon geschriwen: Selig déi Armen im
Geiste, denn
Ketti: (fällt him an t'Ried) So lauschter, waat heecht daat? Waat ass da
lass mat him?
Jamper: Ketti, siew elo e Mann. Dein Neckel ass vun elauter Misere iwer
daat Onrecht, daat en dir ugedoen huet, niewent de Kapp geroden.
Ketti: (stûr) Neen.
Jamper: (schmerzlech) Dach. Fridd mat sengem Geescht. Hien war schon
ëmmer en halleft Schof. Elo ass en e ganze mouflon ...ouni
Haaren.

12.Optrett

(*Vireg, Neckel, Heenz*)

Neckel: (flattert riets eran) Kickeriki.
Heenz: (bleiwt firwetzig hannerun him)
Jamper: Hei gesäis du daat trauregt Opfer fun dengem stengegem Härz.
Ketti: (geet lues op den Neckel duer) Neckel.
Neckel: Hein?
Ketti: Kenns de mech, Neckel?
Neckel: Juer, duerch an duerch.
Ketti: (erlichtert) Ma ech gesin, et ass jo awer nüt grad esou schlemm
mat dir. Wien sin ech dann?
Neckel: Du, du bass der Deiwel seng Groussmamm.
Jamper: Ech mengen, do war him eng Speicherlîcht opgang.
Neckel: Der Deiwel huet dech gescheckt, fir nozefroen, ob mein Ketti
schon zeideg genug wär fir hien. Bestell dem Luzifer e
schéine Bonjour fu mir, a so, sie wär schon iwerzeideg, an sie
kéint zu jidder Zeit gepleckt gin. Transportkäschten iwerhuelen
ech. Wann se mir e puer Sous fun sech aus gin hätt
hätt ech se nie bedrun. Hie soll hat nämmen schéin knuspreg
broden. Mee ech verroden him dass hat nie esou richteg
genéissbar get. Hat bleiwt en zéie Maufel, an och nach, wann et
100 Joer lang egaal um Grill gebroden oder um Spiess gedréint
get. Kickeriki.
Ketti: Neckel, waat braddels de dann do zesummen?
Neckel: (brëllt plëtzlech) Jeek, Jeek.
Ketti: (firt erschreckt zesummen)

13.Optrett

(Vireg, Jeek)

- Jeek: (fu riets) Jo, waat ass dann?
- Neckel: (fiert hien un) Firwaat léis de mech dann esou lang hei am Stall?
- Jeek: (kuckt ganz verwonnert) Am Stall?
- Neckel: (weist op t'Ketti) Déi Kou hei muss gestrach gin.
- (weist op den Jamper) An deen Ochs do muss de op t'Weed dreiven.
- Jeek: (entsât) Ech mengen, deen ass aus dem Haischen.
- Franz: (wëllt fort) Ech huelen séier en Dokter.
- Jamper: En Aableck.(hellt en zreck) Vleicht geet et och ouni Dokter (zum Ketti) ech hun emol an engem Kalenner gelies, dass ee Verreckten erëm zu Verstand komm ass, wéi him seng Frâ him eng grouss Freed gemach huet.
- Heenz: Eng gerouss Freed? Da misst wirklech der Deiwl si huelen.
- Jamper: Ech wéist eng ganz grouss Freed fir dein Mann. So him emol, dass du him dee ganze Schwindel mat deene 100 Euro verzeis. An dass de fun haut un him èmmer eng wonnerbar Fraa wells sin.
- Franz: Versiche kanns du et jo èmmer emol, Mamm.
- Ketti: Neen, daat hätt keen Zweck. Fir t'éischt versteet deen armen Neckel mech jo dach nüt, wann ech eppes soen an dann hun ech an engem Kalenner gelies, dass een deen esou plëtzlech verreckt gin ass, onheelbar krank ginn ass an hëchstens nach fir en halleft Joer ze liewen huet. Esou lang wärd ech et dach nach aushalen. An der Tescheenzeit kucken ech mech emol no engem aneren Mann em. Et wärt wuel daat Bäscht sin, wann ech de Klos fun der Millen huelen. Deen huet schon lang en Aa op mech geworf, ann dee get bestemmt honnert Mol e bessere Mann, wéi mein séilegen Neckel.
- Neckel: (hien ass nach èmmer ronderëm geflattert, an huet èmmer méi opmiersam nogelaustert. Hie werft sech rosen op t'Ketti) Wien ass hei séileg? Virleefeg liewen ech nach – hei ass fu Séilegeet keng Spuer. A geckeg sin ech och nach nüt. Ech hun mech nëmmen esou gestallt.
- Ketti: (iwerleeën, roueg a léiw) Dat hun ech dach längst gewosst. Du léiwen du seilegen Kärel do.
- Neckel: Waat?
- Ketti: Mengs du ech hätt nëtt gesin, wéis du dem Jamper èmmer en Aan zougeblinzelt hues, nëmmen elo hun ech dech emol un der Nuess erëm gefouert. Kickeriki.
- Neckel: Da sin ech jo schéin gelackmeyert gin.
- Ketti: Neicht bass de. Du bass nëmmen mein gudde Mann, zu deem ech fun haut un gaanz léiw a frëndleg well sin, dass en mech op den Hänn duerch t'Liewen dréit.(mecht t'Aerm auserneen)
- Komm Neckel, du kriss e Verzeihmerkuss.
- (wëllt hien kössen)

Neckel: (wirt of) Net op de Mond – op t'Hand (streckt t'Hand dohinner)
Ketti: (zeckt)
Neckel: Geet et da baal.
Ketti: (kësst hin t'Hand)
Neckel: (klappt dem Ketti op t'Schëller) Esou ass et brav.(riecht sech
erëm op) Elo ass t'Gewalt endlech am Besetz fun der
rechtméisseger Regierung.

R I D O

E N N